



De Schēfer
vun

Nasselburn

vun

S. Weber.



Letzebureg.

Drock a Verlag vun E. Schroell.

L

1. Et war emol e Kanone!
2. De Schöfer vum Casselbünn
3. Dree ass göttlech.
4. Gerechtigkeitsch.
5. 1797 Foronen vum Speßbech,
6. Morua Varua,
7. De Haercksten.
8. Anne Pierrot.
9. De Wenzel.
10. Dem Jabboßberg Kap.

De Schëfer

vun Aasselburn.

Letzeburger Vollksstück a vëer Akten

vum

B. WEBER.

—
Zwët Oplo.

—
All Rechter virbehalen



I. Akt.

Persönnen:

- De Schéfermisch.
Jacques, Tony, Studenten.
Ditchen, Schmatt.
Pier, Jang, séng Gesellen.
Becks Hibert, französische Gendarm.
Laplume, Metty, Chârel, Jampir, Gîerg, Hânswellem, Bauere
vun Aasselburn.
Hèng, 13 Jôer, dem Gîerg sei Jong.
Girres, Agent zu Aasselburn.
De Bendel, Dûorflomp.
Ketty, dem Misch séng Schwester.
Grëtchen, Marjenny, Rôs, jong Médercher vun Aassel-
burn.
Jempi, e klénge Bôw.
De Berers vu Bôkeltz, Bôwer, Dôner, Hartmann, Kom-
medanten bei der Klöppelarmé.
Foxius.
Dengler.
De Paschtôer München vun Diekeréch.
Hannickel, Hlauséerer.
't Gärkëtchen.
Conz, französische Commissär.
Séng Frâ.
Sei kléngt Médchen.
Éng Scheldwüocht.
E Búot zu Pérd.
Vollék, französich Zaldoten.

(Den éschten Akt spillt zu Aasselburn, Owens gént
Sonnennergank, Enn Oktober 1798.)

Den Theater stellt d' Duorfstrosz vir, noh bei der Kîrch,
dé én séch hannert der rêchter Kuliss ze denken huot.

Lénks am zwéte Plang éng Schmatt; durch d' Dîr
geseit én hei an do d' Feier lîchten.

Virun der Schmettendîr, an der Mett vum Theater,
éng Lann mat énger Bènk derenner.)

I. Optrett.

(Den Ditchen, dann de Pier an de Jang.)

Ditchen (setzt op der Bènk enner der Lann, de
Kapp an d'Hänn gesteipt). Et gêt méch ân, ass wann
et elo geschwenn Eescht géf. Zenter e puor Dég gêt
d'Sonn esô bludég rôd enner... dât stêt méch neischt
guts un. Nujé, 't sîew dann... émol muss et jo sin!

Pier (kuckt zur Schmettendîr eraus). Ass kên do'-
remmer, Mêschter?

Ditchen. Wât hâtts de da gèr?

Pier (mat énger Pick aus der Schmatt). Hei,
Mêschter, mer hun erem éng fèrdég.

Ditchen. Los kucken. (E probéert se.) Dè Déngr
hantéeren séch nach ewèll gemèllég. Ech hâlen, éch
lénen éngem âneren mein âle Fisék, éch hât mè
Spâß mat esô éngem Handwîrkseschir.

Pier. Dât sîet éch och. Vu weidem éngem éng
Kugel an de Kapp schéßen, dât ka' jider Giw. Ma
de Kêrel op e puor Schong virun séch hun, em an
d'Ae kucken, séch mat em zerpacken, dâs d'Fatz
ewég fléen, do huot én dach éppes dervun!

Ditchen (am Lâchen). 't mêngt én, d'Zeit géw
der lîng.

Pier. Lèwer laut ewé moar. Wann éch da' muß
dru' gléwen, da sin éch dach lèwer an dem Aassel

burner Kirfêch begrüwen, amplätz wa' mer am Frankreich bei d'Vollék kommen, da' krée mer den Tor-neschter op de Bockel, an da wêß eiser Herrgott, a wât fir engem hondfrême Land eis Schanke wërde vermüschten.

Ditche n. Loß gewërde, Pier, dë do hun och nach kê' gehängen, dés se hätten en t'ëscht gehât. Ech mängen, des Këer gët der Kâtz de Schwanz aus, éch hun Zeidenge krit aus der Husénger Gëgend, do sin s'ewell déckvoll an der Wier, zu Clérf an dë Seit der Our och, et ass drop an drun daß mir es och wërde misse begannen. Wivill Picken hu' mer elo fërdég?

Pier (*an d'Schmett*). Jang! Wivill Stéck Picke si fërdég?

Jang (*an der Schmettendär*). E Stécker fennef an zwanzég.

Ditche n. Laut dém, wë éch geièchent hun, gët dat ongefëer dûor. Mir können eiser e Stécker vëerzég Mann gin, fir dë âner wërden séch Flenten a Pistöle genug fannen.

Jang (*Heibausen*). Sollen se dann all fest dûor- hâle, mëngt der?

Ditche n. Se müssen. Dën net mat gët, get verdillégt.

Pier. Iauschter! Trapp, trapp, trapp, trapp! Mei wërrég, e franzésche Schandar. Jang, huörtég mat der Pick an d'Schmett! E könnt richt op es lass.

Ditche n. Sei Përd huôt en Eise verlûor. Dë welschen Nondidjess hätt och könne bei eng âner Schmett reiden.

Pier. Wesst der, wien dat do ass? D'as Bëcks Hibert, dën séch dë Joere bei d'Französen engagéert huôt.

Ditche n. Ass dën ewëll bei der Gendarmerie? **Pier.** Zeuter e puor Woc. n. Ech wetten, e

Ditche n. Bei'm Schëfermisch sei Grëtchen?

Pier. Dat woar emol dem Misch seint. Den Hibert huôt et rëlles gemât. 't huôt dem Misch de Pângéch gebâk.

Ditche n. Ass och nach dës derbei? Nujé, et könnt ént bei d'ânert.

2. Optrett.

(Dë Vîrég, den Hibert.)

Hibert (*ou lénks*). Guden Owégt zesummen. Wë ass et, Ditché, kënns de mëch nach?

Ditche n. Fir wât soll éch da' Becks Hibert net më kennen, dën de Französen nogelâf ass an dën elo dën Aasselburner Jongen hir Freiesche vergâchle könnt?

Hibert. Wëß du dat och schon?

Ditche n. Huól dëch an Uocht, wany's de dem Misch begëns, daß de déng Schanken net brauchts am Säckdûch hëmezdroen.

Hibert. Ech peif de Misch voll. Dën d'Gléck huôt, fëert d'Brant an d'Kîereh, soen d'Leit. Ma nîewt d'Gléck muß én och de Geschéck hun, soen éch.

Ditche n. An esö eng verflâmt Maul, wë's du all dei Liëwen eng hâts.

Hibert. Du muß dach sëlver soen, Ditchen, daß d'Médercher Récht hun, wann se séch no énger blénkèger Montur d'Äe lëwer auskucken, ewë no engem âle Baurekiddel, dën no'm Kêhstall richt, oder engem lompéche Schëfeschmantel, an dem zéng Kâtze këng Maus gënge fenken.

Ditche n. Bei engem lompéche Schëfeschmantel sin d'Lompe baussewënnég, a bei énger blénkèger Montur stécht d'Lomp munéhmol bannen dran. Du brauchts dëch net z'entsannen, Hibert, éch hoffen, et ass net fir dëch gesot. Ower et gët mer gënt d'Gemit, wann Ech eiser Jongen ên hëeren, sein âlt Hëmécht an séng âl Komorate verflöchten. E schléchte

Hibert. Dajé, loße mer dát opstécken. Elo be-schlö's de mer huörtég mei Pèrd, daß éch eram vun dånne kommen.

Ditche n. Pier, kuck emol dém Brongen no den Eisen.

Hibert. A gew e wënég Uocht. Dess Dég hâten se mer ze Huséngen de Gaul op en Hoer no vernélt.

Pier. Dë sin dát emstand! (*ôf m'âm Jang an d'Schmet.*)

3. Optrett.

(Ditche n, Hibert, dann de Pier an de Jang.)

Ditche n. Ass elo vill Arbécht?

Hibert. Mer sin drun ewë d'Pân an der Fûosend.

Ditche n. Dát schuôt éch DâgJëf neischt, wann der och emol e wënég un de Rim geholl get.

A wât ass da' Besonnesches lass? Ass et wöer, dë Seif der Our wieren d'Bauere rabellesch?

Hibert. Des Seit an dë Seit, Ditche n. Solls du dát dann net wessen? Du hëers jo soss 't Gras wüoszen an d'Flé höschten.

Ditche n. 't gët mir ewë dén âner Leit, éch gesin och net më weit iwer 't Wässer, ewë dran. Wât soll eiser ên hei úowen op der Héd da vill weis gin?

Hibert. Pâss op, Ditche n, elei úowen op der Héd richt et scho lang, ewë wann eppes u'gebrannt wîer: Gare, wann et flâmt.

Ditche n. En âner könnt net eraus. Wât ass da' geschitt?

Hibert. Eng ganz Aberzuól. Et ass eppes an der Wêch, der Deiwel wöss wât dë Téck elei nammel esö rabelképpesch mécht.

Ditche n. 't get 'alt gesôt, et wîer, well der elo esö vill sollen beienên agezuge gin fir bei d'franzésch Zaldoten, all eis Jungen teschena 20 a 25 Jo'er; an

Hibert. d'Französe brauchen elo Zaldoten, an se huolen se wö se se fannen. Iwürgens gëf dát eise steiwen Dölpessen neischt schuôden, wann s'op dë Manëer e wënég geschlaff gëwen.

Ditche n. Jo, du huôs êng gud Plätz, du wërd neischt gënt d'Französe so'en. Wann ên êngem d'Maul vollget, da' kann en net më flêten.

Pier (*könnt mat êngem Hufeisen an der Zang aus der Schnett; am Lâschltoen*): So, Hibert, de müorgen huôt t' Gârkâtche vun Eitelbréck verzélt, des Dég wîeren s'aus dem ganze Strêch dë Seit der Our, vun Doleiden, Dosburg, Dohnen an esö virun iwer Eschfeld nô Lédebur gezogen, hîerer eppes ewë 300 Mann, an se hätten de Commissär Conz mat Frä a Kanner a mat der Caisse opgehuôwen. Ass dát wöer?

Hibert. Ech woar net do, ma éch hun et och gehëert verzélen.

Ditche n. De Conz, dát ass jo dé Commissär, vun dém se verzélen, e wîer soss och gëschtléch gewiescht, en hätt de schwârze Rack un den Nól gehâng fir séch mat ênger entlâfener Nönnchen ze bestuôden.

Pier. Et stëw nach ewell e späszégen.

Ditche n. 't wërd wuól der ê gewiescht sin vun dénen d'Leid so'en: Krëen Hénger, flête Méd an danze Pâfen — Soll ên zum Duorf aus schâfen. Ma dén êmol d'Kopp geshuôr hât, dém wîszt d'Plätz sei Lîewen net më aus.

Hibert. Ech kënne e weider net, ma se hätten op alle Fall besser gehât, e röég ze löszen.

Ditche n. A wîen hât se dann zesumme getrommt?

Hibert. Wîe gët se zesummegetrommt hun? Ech friët nach! Wîen ânescht ass wë dë Paschtëer, dë de Republiksd net geschwuôr hun! D'Pâfen an d'Schlasshère wâchen es den Damp wârem, an allen Ennen hâlen d'Leit enzö. 't soll ên net soen, dass

d'Französen zu Pareis dë ganz Revolutiön nemmë gemât hun, fir den arme Mann all dër Blutseiffer lass ze machen.

Ditche n. Schwëtz ké Blëch! Den arme Mann huôt hautgesdägs më um Leif, wë enner den Eristreicher: Schätzéngen hannen a Schätzéngé vier, Schätzéngen allen Ennen, önscht dém, dass de Französ em elo och nach séng Jonge fir Kanöne-fudder ewëg helt.

Hibert. Ditche, siëw dach weis. Rëchen emöl zesammen, wât's de soss huôs misse liwëren, a kuck, ob's de haut net besser derbei ewëg könn's. Over éch wësz, wât éch âner dréckt. Dir hut nach allen Ennen ér âl Paschtëer, dë vun dem neien Eed neischt wölle wessen, enzwö op enger Gënn oder an den Hécke setzen, an do komme bei dë nei Schätzéngen dë âl Liwërongen. Der Deiwel gëf dës net mid.

Ditche n. Do wësz de më ewë éch, mei Jong. Hibert. Gë mer ewëg, mir wësse jo am beschte, wö all dë Ziedelicher a Brëwercher a Staffëten hër-kommen, wömat se zenter Joer an Däg 't Land rabellesch machen: 't gëng fir de Glâw, an d'Leid sollen séch berët hâle, fir wann Zeidéngé këm, dass se könnte mat drop an derwider goen, soss gëw en den Däg iwer dem Kapp a Brand gestach an se wiëren des Liewes net më sicher.

Ditche n. A wie soll dann hannërt dër ganzer Obwißlerei stëchen?

Hibert. Dât ass schwëer soen. Iwerall setzt en âner, fir de Leiden d'Flö an 't Ouer ze sätzen. Ma dën alles an de Gank dreiw't, dât ass kën âner ewë dé belseche Páf, de Lamperts vu Weiswampëch. Dën Dominus vobiscum ass der nemmen esö hëch, ewë mënger Stiwëlen èng, over esö krappëg, wë en ass, esö lüszéng an esö verwôt ass en och. 't woar nach wüol nédëg, dass dë Belsch es dën Opsteppler 'do vu Lëwen eröf geschéckt hun, fir hei Dreëk an

de Lëwen ze machen

Ditche n. Jé, wât më gëëert, wât më verkëert. Jang (*am Läschtgoen*). Vun dém Lamperts get allerlé verzélt. E siëw net kiddelfëx, soen se, des leschter hiew en engem Paschtöer, dën em d'Mass ze sëer gëfëst huôt, 't Massgewand vun Leiw gerass, an dem Paschtöer vu Kampen hiew en emöl 8 Dëg Hausarrest gin.

Ditche n. Klëng Möken hun och Geft!

Hibert. Ojo! An sei mëscht Geft speizt de Lamperts gënt d'Französen. E gëm s'am lëwste mat Romp a Stomp vun Erdblüodem verdilgen.

Ditche n. Tjess, Hibert, du wësz och më ewë en dödëgt Schöf.

Hibert. Gef ũocht drop, Ditche, mer hun dé scho' lãng am Buch stoen, a wë mer en erwesche, gët en èn Zock dën âner no, op èng Insel enzwüör, wö em d'Opsteppelerei vergët.

Ditche n. A fir wât erwescht der en dann net? Hibert. Dën huôt e Bond ma'm Deiwel. d'Bauere soen, e könn't séch onsichtbar machen a kugelfest. Haut könn't e Brëf vun Rhein, e wïer do, an den nëmlëchten Däg liest en zu Wampëch Mass an e steppelt gënt d'Französen.

Ditche n. Zïel, ass dât esö èn!

Hibert. An en huôt èng Zort em séch, dë si' kën Hôer besser, ewë hien. Ma löszt gewërdën, dé Peif huôt geschwenn e Lach, an da gin en alleguör d'Dronkenëllen aus.

Eddi bis derno, éch gin nach an 't Düorf zerüchten. Mäch, dass mëngem Poulette neischt geschit.

Ditche n. Eddi dann, bis derno. (*Hibert ôf no rechts*).

4. Optrett.

(Ditche, Pïer, Jang.)

Ditche n. Mäch déch net esö mausëg, mein

Alen, et wész nach kê, wát wéndt. Se schlófen net all, dë d'A'en zô hun, an et könnt éch dë Kээр wúol e Strapp ze sээр goen.

Pier. Wat hut der dém de Wûrm gezuge, Méschter!

Ditche n. Eefalt. Et muss ên emmer wesse, wënë ass ên Trompaus spíllt.

5. Optrett.

(Dë Vfereg, de Chârel, de Metty, de Jampier, den Hânswellem, de Gfërg, de Bendel, de Girres, de Laplume. — Den Théâtre fellt séch nô, an nô mat Dúorfleit.)

Metty. Dajé, Pier, ass et nach net bál Feierowend?

Pier. Mer hâten nach e Përd ze beschloen.

Chârel. Wiem ass dé Bidi?

Pier. Rôt emól.

Chârel. 't ass e Schandarepërd.

Metty. Ech wetten, 't ass dem Hibert seint. Mer hun e gesin an Hânzen a' goen. 't Grëteche kôm grad zur Scheier eraus, et ass Feier a Flâm gin, wë et e gesöch.

Jampier. Wann ên et esô gewosst hätt, 't hätt ê besser gehât, séch och ma'm Hibert engagëeren ze goen, amplâtz elo dach missen drun ze glêwen an neischt dervun ze hun.

Hânswellem. Ja, wann éch et gewoszt hätt, an éch wïer do gewfëscht, an éch hätt Geld gehât, dann hätt éch können e gudden Handel mâchen.

Jampier. Girres, du bass jo net fir neischt Agent, du wész jo eppes weider: wënë kommen s' es huolen?

Girres. Wann se kommen, d sin se do. Ma so këmm et weider.

Chârel (zum Jampier). Wanns de mëngs, du hâtts eng Kopp, op der den Dreispetz esô gut stëng, da' gë déch nach elô engagëeren, 't ass jo nach Zeit.

Laplume. Hä, Jongen, dat wïer eng âner Gei' zu Përd úoter d'Diëfer reiden an de Frâleiden d'Käpp verdrëen, amplâtz Mescht fëeren an hannert dem Plô treppelen.

Pier. An elo geschwenn séch missen an d'Hëcke verkreichen, fir dem Torneschter z'entläfen.

Jampier. Git mer ewëg, eng schën Uniform, all Mônt sei bôre Gehalt. . .

Metty. Wát huôt dann esô e Schandar?

Jampier. Allemol séng 25, 30 Krönen de Mônt. Dat wërd schë sin. Ech verwonnere méch net, dass Hânze Grëtchen de Misch op 't Scheff geschéckt huôt.

Ditche n. Du Schlappeschesser! Wát hâtts de da' mat 25 an och mat 30 Krönen de Mônt, wanns de muss reide wë dë âner kommedëeren an danze wë dë âner peifen, an du hâtts eng Frâ, dë mëngt se wïer eng Madam, well hire Mann e lëder Henner an der Box huôt an en dreischeppëgen Hut op!

Laplume. Wann éch Médche wïer, éch wöllt kën esô, a wann se mer e gëwen op eng Botter-schmfer léen.

Pier. Ah, éch fiewel och net. An se krëe méch net enner 't Gewfër, lëwer lësz éch méch an den Hëcken erhëngeren.

Metty. } Dat sïet éch och.
Chârel. }

Ditche n. A wë ass et dann, huôt kën de Misch haut gesin?

Chârel. Má nèn. En ass ewëll eng Zeit lãng ewë menscheschei. Dë Geschicht ma'm Grëteche gët em fiewel nô.

Metty. Wann den Hibert dém an d'Grepp léft,

gare senger! De Misch ass net drem fir séch vill ze bereimen, ma wö en ên upäckt, do get et blô Plätzen.

Pier (zum Girres). A wät huôs du dann nammel fir êng Schreft elo ennert dem Arm, Girres?

Girres. O, êch hâlen, êch gî méng Plätz als Agent geschwenn op, et ass ê më geheit; wë de Buték werth ass.

Chârel. Wät ass dann Nei's?

Girres. Ma hei hun êch êng Proklamatiön vum General Morand vu Letzeburg, dô de Commissär Lejeune vun Huséng mer geschéckt huôt, fir s'opzehenken. 't ass Riëds dran, dass der êch all sollt gutwellég bei d'Zaldote stellen.

Metty. Do hu' mer et jo.

Ditchen. Liës es dat dach emol fir.

Girres. „Luxembourg, 3 brumaire an VI....

Bendel. Wät sé's de do vum Brynmeier?

Girres. Bendel, âle Schnapsbruder, hâl de Mond.

Bendel. Ech hun neischt gesôt. Riëd dir virun, Här Girres.

Girres. Ech hâlen, êch liësen êch dat op Deitsch, Franzësch ass êch jo dach alleguorten ze reng.

Bendel. Wann êch esô dack ewë's du fir Richards fu Clôrf Liëder an 't Wallönescht geföert hätt, da wesst êch esô gut wälsch, ewë de Girres, an da' wier êch vleicht esô gut Agent gin, ewë's du. Et sin âner ewë êch, dô et enner de Französen zu eppes brüocht hun. Da' muss de net zu mir soen: Bour, êch drénken dënges Wässer kënt.

Girres. Du a Wässer! Nu jé, elo liësen êch êch d'Proklamatiön:

„Proklamatiön des Befehlshabers Morand von der Festung Lützeburg und dem Departement der Wallungen.

Bürger! Die Agenten Oesterreichs und Englands, lange unter euch verborgen, ziehen in diesem Augenblick die Larve ab und suchen durch ihre aufrührerischen und fanatischen Reden eure Vernunft zu betäuben.

Laplume. Da's alles schë geschwät, ower Schwätzen ass kô Geld.

Girres. Einige augenblickliche Fortschritte der verbündeten Armeen konnten in dem Geiste eurer alten Tyrannen die Hoffnung beleben, euch von Neuem in die Sklaverei zu stürzen und endlich eure Ketten für ewig umzuschmieden. Aber die Republikaner, einen Augenblick überfallen, sind noch nie besieget worden. Unsere Armeen, von einem neuen Eifer nach Ruhm beseelet, werden bald den Boden der Schweiz und von Italien von wilden Horden gereinigt haben, die ihn verheeren.

Bürger, ich werde für einen Republikaner eine sehr angenehme Arbeit erfüllt haben, wenn ich der Aufhetzungen unserer Feinde ungeachtet, dahin gelange, euch die Wahrheit hören zu lassen. Solltet ihr aber eine so süsse Hoffnung hintergehen, euer Ohr nur der Stimme des Irrthums und der Verläumdung leihen, und undankbar gegen die Republik und aufrührerisch gegen ihre Gesetze, euch unter die Fahne des Aufruhrs stellen, so zweifelt nur nicht an der Nationalrache. Seyd versichert, dass ich alle Standhaftigkeit anwenden werde, die meine Pflicht und meine Grundsätze von mir fordern, um die nützlichen und arbeitsamen Menschen in Schutz zu nehmen, die sich als die Freunde der Ordnung zeigen werden, und die Schuldigen zu züchtigen, die die strafbare Verwegenheit würden gehabt haben, sie umzuwelzen. (De Girres stët op d'Bënk ennert der Lann an en nélt d'Proklamatiön un de Bâm. Iwer dem Liësen ass den Libert ma'm Gréchen, Marjenni, Rôsa Ketty, Marileis an âneren Duürfleit erbei komm. Nôdem ass de Girres fiërdég ass mat liësen.)

6. Optrett.

(Dě Vîrég, den Hibert, 't Grëtchen; 't Ketty, 't Rös an 't Marjenni Arm an Arm; 't Marileis, Duorflleit, all vu rechts.)

Hibert (*lészt d'Médercher vir rechts stoen an e gét quiesch iwer den Théâtre bis lénks hanne bei d'Schmet*). Da jé, Chârel, Metty, krit der nach këng Loscht? Gelt, wiért der mat mir gäng, da wiért der haut och iwer de Grúw.

Metty. Lösز gewörden, dén henneschte Këh wízt och d'Wéd.

Hibert. Hei Ditchen (*get em e Stéck Geld*), wát zevill ass, kréen d'Geselle fir èng Mòsz. Eddi Jongen, éch reiden. A wann è vun éch Loscht huót, e schène Steiwer Geld ze verdéngen, da brauche e mer nemmen ze soen, a wát fer èng Ták ère Paschtöer séch emmer verkreicht, esö bál vu weiden e Gendarme-schako licht. Ech sichen nó em, e muss den Eed schwîeren oder soe wúorfir! Eddi!

Bendel. Eddi Hibert! (*Dé áner entaeren net.*)
Laplume. Wárt, Jong, an der Kundel si' mer nach net. Dé Gëck vergët der nach, iers de vun álen Doe stúrws. (*Hibert lénks ow.*)

7. Optrett.

(Dě Vîrég, uně den Hibert.)

Girres. Elei hátt éch nach e Brëf vum Commissär, wđan e mer schreift, éch soll én op de Kîerch-tour schécke fir 't Kreiz erđw ze geheien. Fun éch wêrd wúol schwêerlêch én séch dés iwerhuolen.

Bendel. Et ass en Hoer hêch. Dëng Rféd an E'ieren, Hâr Agent, ma do hátt's d'èng sché Geléenhêt, fir dëch bei dén Hâre vun der Republick de schône Mánnechen ze máchen. Klamm selwer doerop.

Girres. Bendel, hál dei frêche Mond zö!
Bendel. Abé do, kuëk hei C'ires, fir èng Gêlp

Kúorbranntwein scháfen éch der 't Kreiz. (*Gemiérnel enner den áneren.*)

Marileis. Dass de dëch net ennersté's.

Bendel. Hei eist Marileis! Wát sé's de, méng Mod?

Marileis. Ennersté dëch net op den Tour ze klammen!

Bendel. Ks ks! Alte Weiber und Afen — Huót der Deiwel erscháfen — Jonge Mádchen ond Hinger-fésch — Huót gesandt der hellége Gêsch. Wát sé's de Girres, gelt et fir èng Gêlp Frúcht? Ech din et de scho fir èng Mòsz. Mách ké Gesicht ewè en Döppe voll Deiwel, Marileis, du kris jo mat, du kanns jo och ké Branntwein am Monn verleiden. Neddu, méng Daww?

Metty. Dé Soff wîer am Stand, e mëch et.

Chârel. 't huót këng Nót.

Bendel. Ech kënnen eise Kîrchtour bannewénnég ewè méng Tësch, ech hu' më ewè êmol gehollef den Dág flécken; éch wész wö d'Lédere stin. Hopp Marjennchen! Girres, so den Hâr Commissär soll rôég fále lösze fir èng Gêlp, se get éerlêch verdéngt... Marileis, mein Engel, komm nemmen net ze nó bei de Kîrchtour, wann éch 't Kreiz erđw geheien, soss könnt et dëch wúol op de Bök gin. Ech gëw mëch jo verrauen (*óf nó rechts, ma'm Marileis*).

8. Optrett.

(Dě Vîrég, uně de Bendel an d'Marileis. Hírerer e puor wellen de Bendel unhálen.)

Chârel. Löszt e goen, dé klemmt da' bál op den Tour.

Gierg. Eiser Hergott gëf e strófen, dass en Hals a Bé' brêch.

Girres. An dém Brëf stét och nach, éch soll alles, wát r... h vu Gewîrerer, Flente, Sabelen an

esö virun an der Gemeng ze fanne wîer, ên Zock a'fuorlern an op Letzeburg schécken.

*Ditche*n (*fir sech*). Da' muss de déch aver fleisze, mein Alen, soss könn's de den Dâg nô'm Mârt.

Girres. An elei ass nach eppes gesôt, êch mêngen, dât hätt en séch frei könne spuoren: Aus dé mészten Tiér wiären ewell d'Klacken ôwgeliwert.

Laplume. Dât wesse mer. De General Morand huôt se vun séngen Zaldoten erôf geheien an d'Klacke-séler verbrenne gelôsz.

Gierg. Et huôt këng Nôt, dass der erzielt, wê et zu Chreschnéch gângen ass.

All. Aha!

Gierg. Wê se mat de Klacken um Wôn de Chreschnécher Bêrg wollten eropfuoren, du bleiwen op êmol d'Pêrd stoen, an se kômen net më hannert séch an net më vischent séch. All Vîerspann konnt neischt dêngen. Dât leidt kê Leif: Eiser Herrgott lész de Géck net mat séch mâchen. (*De Girres zét d'Schelleren*.) Gewess ass et wôer!

Girres. 't stêw dann, êch mâche méng Com-missîon. De Commissâr schreiw't, mer sollen eis Klacke gutwellég schécken, soss krîte mer s'ewég geholl, wê dè âner alleguor. Mâcht ewé der wellt, êch hu' meint ausgericht. (*ôf no rechts*).

9. Optrett.

(Dê Vîerég, unê de Girres.)

Laplume. Mer bréngen êch s'op d'Vischtdîr mat ênger Hatt voll Frèbèren! Dûorfir hu' mer se net aus eisen Tésche bezuolt, dass dir Kanône sollt dervu' schmelzen, fir eis am Zâm ze hâlen.

*Ditche*n. Elo wess't der et, Jongen, elo könnt der êch démno rîchten. (*d'Mânsléifstîchen d'Küpp zesummen, d'Médercher gruppèeren séch am vîschte Plang*.)

Marjenni (*zum Grétchen*). Wât sét dann dei Borscht? Wôrê gin êr Munéngen?

Grétchen (*fiert zesummen; et ass ganz verschôtert*). Êch wész et net. E schwétzt nôt dervun.

Rôs. Da' musst du dervu schwétzen, dommt Stéck.

Grétchen. E sét, en hätt elo esö vill Arbécht, e wess't net, wô em de Kapp sténg.

Marjenni. 't ass e geféerlécht Handwîerk, Gendarm, mei lëwt Kand. Op êmol bréngen se der en hêm mat ênger Kugel am Kapp.

Grétchen (*schlét 't Schiértég virun d'Aen*). O Mamm! o Mamm!

Marjenni. Ja, 't ass wûol schên, wann ê kann dohém an sénger Stuw an an sénger Kiche setze bleiwen, wann ên net brauch am Stepps an am Dréck ma'm Hêl a ma'm Rêch eraus ze goen an séch Bloderen an d'Hänn schaffen, ma dât huôt och alt séng Naupen.

Rôs. Du hâtts nach ewell vleicht besser gehât: ma'm Misch.

Grétchen. Lôsz't ên dach onggepéngégt.

Rôs. Dén hât déch sicher gâr. Kuck, wê en zenterhîer dôremmer gêt, wê wann d'Hénger em 't Brôd geholl hâtten.

Marjenni. So dêngem Hibert, e soll séch virun Misch an Uocht huolen, soss get et en Ongléck.

Grétchen. O Gott, wât hun êch gemât, fir esö gestrôft ze gin! Ketty, du bass och alt bês iwer méch! Kuck, esö wahr êch lêwen, êch gëf méng Sêl aus dem Leiw drem, wann et net geschit wîer. Ech hât ère Misch gewess gâr, mâ den âner huôt mer esö schê woszt em de Mond ze schwétzen!

Ketty. Du hât's Recht, jidderé sicht seint. Du brauch's déch net wênt eisem Misch sénger ze ver-rauen. Dé fent Médche wô en ênt wellt.

Marjenni. O jemme jo! Ech hun séng Méschtesch, dé ä! Uodems gehëert soen, se géwen en net wellen empfëren, a wann s'em missten de Löhn vun zwënn äner Schëfer bezuolen. An hire Student leit jo an der Vokanz de ganzen Däg bei em op der Gewân, bei de Schöf.

Ketty. De Jacques! Dé gëng fir eise Misch durch 't Feier.

Pier. A wât hut dir Fraleit elei fir Hëmléchkéten? 't mëngt én, der géwt den éwégo Wonner verzéelen.

Rös. Dât gët éch neischt un, Här, bekemmert éch érer Sâchen. Mir froe jo och net, wât dir do hannen zesumme pëspert.

Pier. Hei, wë schamper! (*E wellet nôm Rôs greifen*).

Rös. Gës d'ewëg, du Eeckel, gë déng Pöte wâschen iërs d'engem Flëcken an de Kasewëk méchs.

Pier. Wann éch der net ongewäsch gefâlen, da lösz dervun.

Rös. Mir gefâlen! Da misst ower nach en ânere kommen.

Pier. Du brauchts déch net esö z'erëschten; hei, éch stëchen d'llänn an de Schurzfell, da kann éch der gewëss këng Flëcken an de Kasewëck mâchen. (*d' Mëdercher zëen séch an de Fong vun Theater zerëck, d' Mânslëit kommen an hîr Plätz*).

Hânswellem. Jonge, Jongen! Der huôt do eppes am Welles, dât helt kë gut Enn.

Chârel. Mer dreiwën et durch, a wann et es de Kapp kascht.

Hânswellem. Wât de Jongtem greift, dât hält e steif. Ma follégt mir, en âle Mann e gude Rôt.

Metty. Et get op alle Fall e bl probëert.

dem Uowen, da geschit éch neischt, Net gëspillt ass sicher gewonn.

Chârel. E'im Hânswellem, wë ass 't Spréchwurfot: Mensch begann déch, Gott helleft der. Elo get séch emol begannt. Hei hanne könnt Uodems Jacques a' Schneidesch Tony, elo lösze mer dë emol schwätzen, dë hun hir Schöle gemât, se wessen allzeit më ewë mir.

10. Optrett.

(Dë Vierëg. De Jacques an den Tony vu' rechts.)

Jacques. Guden Owégt, Jongen.

All. Guden Owégt.

Jacques. Ass eise Schëfer net bei éch?

Chârel. Nën, en huôt séch haut nach net gëwisen.

Ketty. Eise Misch ass zanter geschit no der Husénger Seit fort, mer wessen dohëm och net, wë en drun ass.

Ditche. Nu lösz mer soen, et ass besser, e woar elo ënescht net hei; Bëcks Hibert huôt sei Përd elei beschloe gelösz, an éch mëngen, 't ass besser, hën an de Misch läfe länscht enën, ewë wider enën.

Grëtchen (*ass mat sénge Komeroten erem nô vir kômm. Èngschtlëch!*). Ass et wëer, 't siëw eppes ergângen, ass wïer an der Husénger Gëgënd Revelatiôn?

Ketty. Se soen.

Marjenni. Hïew këng Angscht, dein Hibert ass jo net dë Seit aus geriden.

Grëtchen (*fir séch*). 't ass mer net wënt dem Hibert sénger.

Tony (*bei énger Grupp ennert der Lann*). A wât hânt dann e' nammel aus? Au nom de la République une et indivisible...

Chârel. De Girres woar hei; de Commissär, sot en, hätt gèr eis Gewierer eraus.

Metty. An d'Klacken aus dem Tour.

Ditchen. An 't Kreiz vum Kirchhinnen.

Tony. (*Mécht èng Fauscht, ass wöllt en d'Proklamatiön erow reissen.*)

Häns welle m. Lös z d'Fangeren dovun, Tony, èt könnt déch en Deiert gin.

Tony. Oh dé Freimeier! 't Kreiz vun der Kirch! Wann se mängen, se gëwen es domat de Glaw aus dem Hèrz reissen!

Jacques (*kuckt op de Kirchtour*). Wät der Schen- nécker, dat ass hürtég gâng! 't Kreitz leit jo schon erôf. (*Se kucken all.*)

Tony. Mei werrég! A wiën... (*'t héert èn d'Böwen hannert der rechter Kuliss zeitzen.*)

11. Optrett.

(Dè Vierég, d'Böwen, de Bendel, Volléck.)

de Jempi (*e klänge Bóf, könnt vir erâ gestärmt, hamer un em Böwen a gröss Leid.*) Elei könnt de Bendel ma'in Kreiz vum Kirchhinnen. Bendel, Bendel! (*All Böwe matenèn: Bendel! Bendel!*)

Bendel. Ja, hei ass de Bendel, an hei ass 't Kreiz!

Elo sô nach èn, 't wiër neischt mat mer! Hei ass 't Kreiz! Op den Tour sin èch geklommen, èch ganz elèng, an èch hun et crôw geheit. Fir èng Gelp Kuörbrantwein hun èch mei Liëwen an d'Schanz geschloen. Nu so nach èn, de Bendel hätt ké Courage am Leiw! Jonge, wann et gënt dé Welsch gët, da' rufft méch!

Tony. Bendel! An du schumms déch net! Du lész déch fir esô èng Schëndlechkèt gebrauchen, an du wells fir eis hellég Kirch.....

Bendel. So emol, mei Jong, wäit du mat dénger

Priédég bis de d'Kopp geschuor huôs... Wô ass de Girres, dass èch méng Bezüolénge krëen. Kèng Kreizer, ké Schweizer.

Chârel. De Girres ass der durch d'Peif, Bendel. Wanns de muss wärde, bis dén déch bezillt, da' gess d'âl.

Bendel. Da soll en hëllescht Donnerwöder dra' schloen. Wärd, e get eraus fir èng Môsz oder èch gëlzen en (*of no rechts, d'Böwe mat Zeitzen em nô*).

12. Optrett.

Tony. Jungen, dat elo ass èng Schân fir eist ganz Düorf. Dat Kreiz muss erem op sèng Plätz, nach haut den Owend, oder eiser Herrgott strôft es. Wie vun èch wellt séch derfir u'gin?

Jacques. 't fänkt schon un deischer ze gin, do huôt èn hurtég e félen Trett gedun.

Jampier. Ech kucken och lëwer vun ennen erop ewè vun uowen erôf.

Pier. Hm! Am Nötfall könnt èn et probëeren.

Rôs (*hält en un.*) Pier, bleiw ewég. 't si'jo der âner genug do.

Marjenni. Majja! Lös den Tony selwer gëwerde, wann e mëngt, et misst sin.

Tony. Ass kën, dén séch meldt?

Grëtchen. (*Hallef fir séch*) Ech wesst scho wiën et dëg, wann dén hei wiër.

Tony. Do stitt der all d'Lücht aus ze kucken. Soll èn nu soen, dir wiërt kathölesch Chreschten!

13. Optrett.

(Dè Vierég. De Misch vu rechts, am Schëfeschmantel, mat Hut a Stäf, wë e vun der Rés könnt).

Misch. V t ass hei geschitt? (*Se hëschen en all wellkomm, ausgehten den Tony.*)

Tony. Rôég, lós méch schwätzen.

Misch. Da' schwätzt!

Tony. Durch èng gottesschänneresch Hand ass. vun eiser Kîrch dat Kreiz elei, 't Zêche vun eisem kathôlesche Glaw, erôf gerass gin...

Misch (*kuckt em séch*). Wîen huôt dat Kreiz erôf geheit?

d' Bôwen. 't woar de Bendel!

Misch. Tony, lauschter emol. Wât entsanns de déch esô? Elo stêt den Tour, bei ass 't Kreiz Ass ê Mensch dér der verbitt, et erem op séng Plâtz ze sêtzen?

d' Bôwen. En ass net esô kêng!

Chârel. Da jé, Tony, dé gâr e Maufel hölt, muss de Mond opdongen.

Misch. Hîer mir dat Kreiz! Wât de Bendel fêrdég bréngt, dúofir wêrd en âner och nach de Courage hun. (*En hölt 't Kreiz op d'Scheller an e gêt ôf. Se wellen em nô.*) Né, bleiwt all do, éch brauch kêngem sênger (*ôf*).

14. Optrett.

(Dê Vierég, unê de Misch.)

Grêtchen. Wât hât éch gesôt!

All. Hurrah fir de Misch!

Tony. 't ass net më, ewê séng Schellegkêt.

Metty. Da' sin dér dê Kêer awer vill, dê hir Schellegkêt net dun.

Jacques. Du hâtts em et sollen ausschwätze, **Ketty.**

Ketty. Lós e gewêrde, Jacques. Du wêsz jo wê en ass. Wann en eppes wellt, da wellt en et fir zergutzt.

Jacques. Ass et der dann net Angscht, 't geschêch em eppes?

Ketty Dúorfir hun éch kêng Bâng. E wêsz, wât e mécht.

(*Alles stêt zesammen op der Mett vun Theater a kuckt hanner d'Kuliss, d'Lâcht aus; 't Grêtche lénks an der êscher Reih.*)

Ditche n. Wann et nach nemmen èng Gnode-grimmel më kloer wîer!

Hâns welle m. Wîe vun éch huôt schon zu Letzeburg de Menstertour gesin?

Verschiedener. Ech! Ech!

Hâns welle m. An hut der dann och an Uôocht geholl, dass 't Kreiz drop kromm stêt? D'Franzôsen hâten e Sêl dru gebonne fir et emzezêen, ower 't woar en ze fest, se hu' gezuge bis et kromm woar, du hun se séch misse gin.

Ditche n. A wesst der och dê Geschichte, wê dat Kreiz op dem Menstertour opgesât gôf? Abé, do hât séch de jéngste Gesell erfirgedun, a wê en uôwen op der Spetz sôsz, du rift en op êmol erof: Mêschter! A wât fir e Lach soll éch 't Kreiz sêtzen?

— Elo ass et gefehlt, sôt de Mêschter, 't ass nemmen ê Lach am Peinâpel, a wann hîen der zwê geseit, dann ass et net ânescht, ewê en huôt de Schwemmel.

Kaum hât en et gesot, hei dêt mei gudde Gesell uôwen d'Armen ausenên a kônnnt bonz enne bonz uôwen erôf geschoss, op de Pavê! A mausdôdt woar en.

Grêtchen (*dat an dêr Zeit immer op den Tour gestirt huôt*). Jesu Mâria! (*'t hâlt d'Hänn virun d'Aen.*)

Jempi. Hei, elo klemmt en uôwêgen zur Dâglicht eruus! Hé Misch! Hé Misch!

Ditche n. Wells de stell hâlen, du Zackertjess! Op êmol kuckt en erôw an 't engêt em èng Hand!

Hâns welle m. Jo, 't bescht ass, dir sit all rôég

Chârel. Aha, elo hântk en d'Leêndeckeschlêder an de Kr

Metty. En hüt söch 't Kreiz mat engem Sél op de Réck gebonnen.

Jacques. 't ass féwel dach e verwôte Kérel!

Tony (*huót dem Ketty d'Hand em den Hals gelúgt*). Du brauch's net ze ferte, Ketty.

Ketty. So emol! Bleiw du mer vum Kischtebám! Ewég mat de Fanger! — wát soll éch da ferten? Jo, wann's du vleicht do úowe sész, du miss setze bleiwe bis én déch huóle kém.

Jempi. Ewell ass d'Léder um Enn... A nén, en' hüt nach eng.

Ditche n. Nach è Sprass, da récht en... eló... gonicass! (*d'Fráilit dun e Krésch*.) Elo woar éch esó fró, ewé wann e schons heinide lég.

Chárel. Dát Kreiz ass net vu Plaumen...
Aha, dát do ass eng Idi! E bennt séch má'm Sél un... Elo... tjess! Op en Hoer hát en et dran! 't ass em ze schwéer.

Ditche n. Rò e wènég... Esó, elo gét et...
hop... hop... 't ass dran!... Hurrah, Jongen!
Hurrah fir de Misch! (*d'Bówe rennen em entgént*)

Metty. Bass d'elo zefrieden, Tony?

Tony. En hüt séng Schellégkét als kathólesche Chrescht gedo'en.

Pier. Geseis de, Rös, du hátt's méch solle géwérde lószén. 't ass jo neischt derhannert...

Rös. 't konnt geróden, 't konnt och net geróden. A wanns de Hals a Bè gebrach hátt's...

Pier. Hei, éch hu' gemént et lég der neischt un engem mat esó schwärze Schmidstangeren. (*Rös schlét em eng op de Mond*.)

Ditche n. An elo, dir Fráleit, könnt dir schlófe goen. Mir hun elei nach Wierck am Racken, dát géwe mer gér eléng spannen,

15. Optrett.

(Dë Vierég. d'Böwen, de Misch, vu rechts.)

Jempi. Elei könnt en, elei könnt en!

Ditche n. Aha, bass d'erem do. Du wiers nach ewell ké schlechte Léendécker gin. (*Se gin em d'Hänn drécken*.)

Marjenni. Dajé, gut Núocht, Misch.

Misch. Gut Núocht, Marjenni, schlôf gut. Gut Núocht, Ketty, so ménger Mamm, dass éch erem sin, an éch kém och gleich nó.

Ketty. Dajé, gut Núocht. Gut Núocht, Jacques.

Jacques. Gut Núocht, Ketty.

Pier (*huót 't Rös hénléch op d'Zeit gezuge, wellt em eng Bés gin*). Jé!

Rös. Bass de weis!

Pier. Jé Rös, 't ass vleicht dë Léscht. Ech ménge, moar gét en an de Krig.

Rös. O Mamm,

Pier (*kesst et*). Gut Núocht, Röseli! Behál méch gér!

Rös (*get em d'Bés erem*). An du méch och, neddu! Gés de mat, Grétchen?

Misch (*dé ma'm Jacques an Schwätze wór, fiért zesammen, wé en den Num Grétchen héert; 't Gréche gét láscht, Arm an Arm ma'm Rös, 't kuckt an de Buodem*). Woar dát och hei? (*Zum Jacques*.) 't ass gut, dass éch dovun neischt wozt, wé éch do úowen um Tour sész.

16. Optrett.

(Dë Vierég, uné d'Böwen an d'Fráleit.)

Ditche n. Esó, elo si' mer eléng.

Misch. ngen! De Stürm brécht lass. Ronderem es, zu Woltz, zu Clérf, zu Huséngen, dë Seit der

Our, an der Belge, allen Ennen ass d'Paról ausgin gënt d'Republikaner. Solle mir eléng d'Hänn an de Schösz léen a gedelléng nókucken, wé séch dë Frëm Här a Méscluter an eisem Land máchen?

All. Nën. (*Lärm.*)

Tony. D'Französe müssen eraus! (*Lärm.*)
Jampier. Da's huortég gesôt! A wann se dann net wellen?

Tony. Et gët fir de Glaw. Wa' mer all zesummen hále, kann et es net félen. 't ass kën Arm mé stark, ewé dén, dé fir de Glaw streit.

Hánswellem. Jonge, Jonge, bedénkt gut, wát der git máchen.

Tony. Habaha! Hei den E'im Hánswellem!

Hánswellem. Oh, éch ka' méch des Láche gut enthálen. Wesst der net, daß s'an der Belge dem Loupong (de Loupogne) de Kapp erôw geschloen an op éngem Spaß úoter d'Gégend gedroen hun?

Laplume. Kreizmillíonen! A wann éch weßt, daß se mir de Kapp mat énger Drummsé gëwen erôfgarrelen, éch gëng mat un. Der Deiwel höllt se! Se hun der nach áner geliwert, ma dë Kéer gin se fir alles bei enën ausbezúolt. Ah, dir wóllt es d'Käpp mat Blei wáschen! Da wárt, da' krit der eiser Sêf och emol ze probéeren.

Hánswellem. Et stët méch neischt un. Mei Papp hát de siwejährege Krig matgemát; dén huót emmer gesôt: De Bauer soll de Plö ma'm Stërz huólen an d'Zaldote kriche lösen. Lóst dir d'Zaldoten de Sabel an d'Lanz schwangen a schwangt dir de Fluós a bleiwt dobém. Ech woar och Zaldot, an éch hun allzeit gesin, daß d'Rabeller d'Pán geklákt hun.

Misch. Dir sit ál a kál, E'im Hánswellem, dir sit neischt më drem fir dropzeschloen. Du'orfir löst dir de Jongtem gewörden.

Tony. Solle mer rôég nokucken, wé dë Héden do

eis Kirche schánnen, eis Klacken a Stécker schloen, eis gëschtléch Hären an d'Vorbanung an an de Pri-song schécken, d'Klëscheit ophrëwen an hirt Vermége stíelen a verstéen, d'Killécher, d'Monstranzen an d'Maß-gewänner fir en Apel an e Stéck Bröd verklappen, d'Prozessióne verbidden, d'Sonndécher owscháfen...

Ditche. Mir wóllen neischt wessen vun hirem Dekadi, vun hirem Schnorridor a Fressidor, eisen ále Kalenner aß es nach láng gut genug.

Pier. A mer wóllen es net vun en drijake lösen, mir wellen hiren Torneschter net droen.

Laplume. Wíen hát se da geruff? Mir hätten hírer net gebreicht, se háten es sollen aus dem Land bleiwen an es a Rô lösen!

Gierg. Hátt de Franzós et mat es gemát, ewé de Késer Franz, dann hátt kê Mensch fir d'Estreicher getrauert.

Jacques. Jé, jé, den Deiwel aß och alt net esô schwärz, wé dir en elo molt.

Laplume. Háls du íeren de Wálschen zô? Huól déch en Uocht!

Jacques. Ferd, du weßt, mat Drée ríchs de bei mir neischt aus. Ech sti' mei Mann, wann et laß gët, ower net, dass du oder soss é méch derzô zwange gëft. An alles, wát recht ass, muß é soen.

Tony. Se hun d'Revolútion an d'Neischnotzékgët an d'Welt brúocht.

Jacques. Dát si groß Wíerder, Tony, a weider neischt. An der Welt woar et nach vir 10 Joer esô, daß dë éng alles an dë áner neischt ze soen háten, bis a Frankreich d'Vollék, den drette Stand, fir séch an alle Mensch dë selwégt Rechter verlángt a mat Gewalt geholl huót. Wát du'ornó geschitt aß, daß se hír kinéckléch Familjen embrúocht an daß se séch selwer enner enën opgefrefé hun, dát ka' kê Mensch e guthéschen dát aß wöer. Ma 't gët émol net ánescht, Wann entz. 't Rád vun der Weltgeschicht mat

Gewalt viru' ge'hrét get, da' gin emmer dé erdréckt, dé net wollten aus der Wé goen. An dát elei verhält: Et könnt nach den Däg daß op der ganzer Erdrklatz dát Vollék mat Dank wêrd ernimmt gin, dát zum êschten d'Freihêt an d'Gleichhêt fir alle Mensch an d'Welt huôt brúocht. Da geseit ké mé dem Freihêtsbâm et ow, daß séng Wuôrzele mat Blut genât hu misse gin!

Misch. Kuck Jacques, fir d'Freihêt séch klappen, ass éng sché Sâch, ma 't duorf net gënt engem sein égent Land goen. D'Hémécht iwer alles, ewell: Dohém net wûol, nêrges wûol. An ass dát Freihêt, wann dé Friem hei alles 't ennescht an 't îewescht kéeren, wûorun d'Letzeburger gewint woaren, esô weit et en denkt!

Ditche. Mer hâten et gut ennert den E'is-treicher.

Laplume. E gudden Här ass bêsser wé e gud Gesetz.

Misch. D'E'istreicher hun es Jor aus Jor ân am Frid gelôß, mer hâten heihém eise sonnere Stôt, mer hun eis Zopp gekacht esô fett oder esô môr, wé et séch angewiesen huôt, an 't ass kén aus E'istreich eriwir komm, fir elei den Deppekach ze spillen an es benzég ze mâchen.

Jacques. Jo, wann d'Leid et allen Ennen gehât hâtten, ewé mir, da wîer vleicht nach láng kèng Revolution gemât gin. Ower dé gut Feier am Uowen huôt, dé mengt, et wîer allen Enne wârm.

Laplume. Wât leit eis un dén aneren, se hâten eis solle rôég lôsen. (*Et héert ên éng Trompett hannert der rechter Kuliss.*)

Jang. Hei, e Reiter zu Pêrd könnt d'Gâß erop. Ditche. Jongen, dát ass éng Staffôt, éch mêngen, elo kann d'Sâch séch schosselen.

Laplume. Gé ên em 't Erd unhâlen, (*Jang rechts ôf.*)

17. Optrett.

(Dê Vierég. E Buôt an Uniform, mat énger Trompett unhânen.)

Buôt. Gudden Owend, Aaßelburner.

All. Gudden Owend.

Buôt. Ech hun elei Zeidénge vun dem Hâpste vun de Kreuzfâhrter, dê soll éch éch virfesen.

Laplume. Erop dermat.

Buôt (*liest*). Im Namen unseres höchsten Befehlshabers der christlichen Kreuzfâhrter seid ihr alle aufgefodert, euch unter die Kreuzfahne anzuschließen, zu den Waffen zu greifen, um die Erzfeinde des Christentums aus dem Lande zu treiben. Dazu sei uns Gott behilflich. Amen.

All. Amen!

Buôt. Pulver, Blei, Flinten und alles Notwendige wird euch in Kurzem überliefert werden, auch werdet ihr Soldung bekommen.

All. Aha!

Buôt. Für den Augenblick richtet euch mit euren Jagdfinten, Büchsen, Lanzen u. s. w. Haltet euch bereit, auf den ersten Aufruf aufbrechen zu können, damit ihr nicht die Rache der Kreuzfâhrter auf euer Dorf lenket und dasselbe nicht an den 4 Enden in Brand gesteckt werde, wie es andern schon ergangen ist.

Laplume. Dén zereck stêt, dém stéchen éch selwer d'Brâck a Brand, verlôßt éch drop!

Buôt. Dieses ist mein Auftrag von Seiten des Oberbefehlshabers. (*Trompettesignal, dann ôf.*)

18. Optrett.

Háns wêlle. Hun éch et net gesôt. Elo aß den Apel ugebaß.

Ditche. Elo hållt en séch net mé, Desto bêsser,

Hâns welle m. Wât aß et eio ze mâchen?

Laplume. Elo schloe mer s'op d'Käpp, daß en d'Ouere klénken! Dât aß ze mâchen, an dât get gemât. An 't wërde kéng verluór sin, aß wë dë, dë op de Büodem fâlen.

Hâns welle m. Wöllt der da' mat de blöse Feischt un se goen?

Ditchen. Jo, wa' mer gewârt hâtte, bis du es geroden hâtts, da' könnte mer elo de Fanger an d'Núos stiechen.

Misch. Wë aß et mat de Picken, Ditchen?

Ditchen. Fennef an zwanzég sin der fërdég. Jang, Pïer, huolt s'emol eraus. Elo gin s'ausgedêlt, mer hun se lång genug hémleché gehâlen.

Laplume. Elo aß et aus mat der verstoppter Zeit, eló bréchen d'ëslécker Wöllef aus de Bescher.

Misch. Nu lauschtert méch, Jongen! Ech woar gescht zu Wampéch, beim Paschtöer Lamperts; d'Englänner hâle mat es, et sin 60,000 Flenten ennerwé fir eis a' fir dë Belsch; d'E'istreicher hun Zeidénge geschéckt, mer solle beihâlen, se sin ennerwé no Letzeburg, wann se net schon do sin.

Hâns welle m. Wann dât do alt wöer aß.

Misch. D'Französe mferken, daß d'Lompe sténken, an Italien an um Rhein hun s'es vum Prenz Kârel lâscht d'Leppe krit, de Jour dang an de Moreau si' mat hiren Armée romp a stomp verdillégt, an der Belsch an dë Seit der Our stët alles parat fir laßze schloen. Zu Husénge sin e Stécker 2000 Mann zesumme gezuge, fir op Letzeburg ze marjéeren. Wann dë Stüets net më dûorbâle, sôt de Lamperts, da musse mir Baueren de Feind aus dem Land joen. E setzt elo schon 3 Joer zu Letzeburg fest, 't aß elo dès genug. Jongen! Elo aß et Zeit, elo muß dûorgemât gin!

Tony. Et gët fir de Glaw!

Misch. A fir d'Hémécht!

Jampier. An aß et wöer, d'Paschtöer könnÿten all dë kugelfest mâchen, dë matgin?

Jacques. Dúorop verlóß déch alt net ze stârk, mei léwen Alen. (*Den Tony stészt en, e soll neischt esó soen. De Jang an de Pïer hun an dër Zeit ugefang, d'Picken ze verdélen.*)

Jampier. Wann dât esó aß, da bedénken éch méch léwer zwë Mol, ir éch esó en Dénge an d'Hand huolen.

Laplume. Wât! Wölls du Wâsser zëen? Gef úocht, wât éch der soen: Du gëß mat ewë dë âner, oder du kanns soen, du gëngs op dénge léschte Bën.

Héng. (*E bludjunge Kêrel.*) Hïer mir och esó èng Pick.

Gierg. Lóß du d'Fanger dervun, du gëß mat mat der Hémbleifskârchen.

Ditchen. Nix do, L'im Gïerg, wann èren Héng wöllt matgoen, da loßt em sei Well; aß en nach ze kléng fir mat dran ze schloen, da kann e jo dénen âner 't Gewier an de Sâk droen, oder Kugele gëßen.

Gierg. Vill léwer gin éch 25 Kröne, fir e laßzekâfen.

Héng. Wëß de wât, Papp, éch huolen dë 25 Krönen an éch gin âwer mat.

Laplume. Ma do húos de Recht, Héng. A wë aß et da' mat dir, Jacques?

Jacques. Dât gët déch elo neischt un, Laplume! Dât sin dem Jud sénger Hândel, dem Iésel sénger Spréng a ménger Sâchen.

Misch. Lóß du de Jacques goen, dé wëß scho, wât e mécht.

Hâns welle m. A wie git der dann elo Komme-dant mâchen?

Laplume. Tony, du húos der dë schë gïel ès-treichesch Husa uniform kâft, do wïer èng Wôt fir e Kommedant.

J a m p i e r. Majja, losze mer den Tony huolen, den huot dë nëngt Schöl gemât, e kann d'Leit bannen a kugelfest mâchen trotz engem ausgelêerten Hâr.

L a p l u m e. An e kennt séng Sprôchen.

G i e r g. A sicher och den Exercise.

T o n y. Hm! Wann der esô drop hält....

J a c q u e s. Ech mêngen, dir Jongen, wann et an de Krig gêt, dann heliefen engem d'Sprôchen net vill. Ech mêngt, wa' mer de Schêfer hêlen, dé kënnt d'Gewân op Stonne weit ronderem blannemännches.

D i t c h e n. 't ass och wôer! An en ass nach lâng der mackéger kên.

P i e r. Ech si' fir de Misch.

M e t t y.

C h â r e l. } Ech och! Mir och!

J a n g.

A l l. Jo! de Misch!

D i t c h e n. Hôls d'êt u', Misch?

M i s c h. Jongen, 't ass eng schwêer Plâtz, dë der mer wôllt gin. Wann der ênég sit, fir méch zu érem Kommedant ze mâchen, dann huolen éch et un, an da' versprêchen éch, dass éch net zeréck stin, a wann et méch zéng Mol 't Liéwe kascht.

L a p l u m e. E Mann, e Wuort oder eng Honnsfott.

A l l. Hurrah! eise Kommedant soll liéwen!

T o n y (*kann sein Neid nemmen hallef verstoppen*).
Soll éch der méng Uniform lène, Misch?

M i s c h. Hênk du déng Uniform an de Mellechkrôp, éch brauch kêng. D'Hâptsâch ass, wë et banne wenzég ausgeseit. Kuckt, Jongen, 't Hêrz drët séch mer am Leif érem, wann éch drun denken, dass eis Héd an eis Bescher, eis Bîerger an eis Dâlten, esô weit ewë d'Aen droen, net më letz' urgensch solle bleiwen.

J a c q u e s. Du huôs jo Recht, mei lëwe Misch, ma dât ass de Gank vun der Weltgeschicht.

M i s c h. D'Geschicht muss hire Lâf hun, dât ass wôer. Du bass më gelêert ewë éch, ôwer dât wôllt mer net aus dem Kapp, dass kêng Weltgeschicht a kên Hergott eis elei am letzeburger Lânneche verbidde kann, op eis Manêr wôlle gléckléch ze sin.

A l l. De Misch huot Recht.

M i s c h. Kuck emol, Jacques, lösze mer emôl soen, éch wîer esô e knubbeléche Lökkeppel hei úowen op der Héd; et gêng mer etléch Mol spatz op, ower et wîer mer wûol a ménger Haut, wann éch och wesst, dass se mer e frëe Mûorge vun engem Löschlesser iwer d'Oere gezuge gëw. Nu këms du an du sîets zu mer: Hêer emol, Lökkeppel, éch mâchen elo e Lolberstack aus der, da kônns d'am Hâr Paschtôer sei Goart stoen, an op d'Höfestdeg an d'Kirch virun den Altor, wô alles em déch glennert an no Weirâch richt, an esô virun. Hâr, sîet éch, neischt fir ongut, löszt dir méch rôég, wât éch sin, eiser Herrgott huot méch zum Lökkeppel gemât, Lökkeppel sin éch a Lökkeppel well éch bleiwen. Dât ass mei Recht!

A bê, kuck hei, mir si Letzeburger. Wa' mer och aus énger Hand an dë âner gewandert sin, d'Léwt zu eiser letzeburger Hémécht ass net ewë en âle Steiwer, dén séch op d'lâng Weil enner den Hänn ôfschleift. An dë, dë eppes iwert es ze soen hâten, dë hun séch weider net em es bekemmert. Ma elo kommen âner, an dë soen: Hêert emol, mir bréngen éch 't Gléck, mir bréngen éch d'Freihêt, Hêrz wât begîers de! Bis elo woart der letzeburger Lökkeppelen, elo git der frëm Lolberstéck!

A wa' mir dât dann net wôllen, wiën huot dât Recht, es derzô ze zwanzen? (*E stêt op d'Bänk ennert der Lann.*) An éch soen et nach eng Këer, Jongen, vun eis ass kên, dén séch zwange lész, se können es schwätzen, esô schên ewë se wôllen: Wa' mir dengen, dann ass et freiwëllég. (*Reisst d'Proklamation erof.*)

A l l. Jô! Hurrah de Misch!

Misch. A wann elo eiser Herrgott vum Himmel erof këm, an e sîet: Jongen, welsch oder êstreichesesch? — da gëw et schâlen aus èngem Monn: Net welsch, net êsterreichesesch! Mir si Letzeburger a mir wölle bleiwe wât mir sin! (*All ruffen s'em zô.*)

Hâns welle m. Schêfer, Schêfer! Du priêdêgs elo en Ewergiljen, dât ass mat Blut geschriwen.

Misch. Abé, E'im Hânswellen, wa mer da' solle bludden, da wesse mer dach fir wât.

Jacques (*get em d'Hand*). Misch, êch lösen dëch net am Stach.

Hâns welle m. Misch, êch sin en âle Mann, êch ka' këng Flent a këng Pick më hâlen, ower êch hun dohëm am Schrein nach honnert Kröne leien, dë êch mer fir mein âlen Dâg op d'Zeit geluôt hât. Wann et da' soll fir eist Land goen, dann ass mer neischt un 't Hêrz gewuôs: Ech stëlle mer e Ramplassang.

(Rideau.)

II. Akt.

(*Op der Strôsz teschend Hôschend a Leppschend. An der Mett vum Theater e Stômp vun èngem Wêkreiz mat èngem brêde Stack, wé èng Bûnk. Bém rechts a lénks; Hêcken.*)

1. Optrett.

(Den Hannickel, dann 't Gârkättchen.)

Hannickel (*kômmt vu rechts, mat senger Kesch um Bockel, a sêzt séch op de Kreizstack.*) Elo hun êch emol fêschtegeld gin! Ech hât mei Lîewen net gemënt, dass êch mat mêngen âle Schanken nach esô hürtég aus der Plâtz këm. Ma' gudde Wellen huôt

Täsch e Stéck Brôd an e Stéck Spéck, dé e mat èngem âle Kneip verschnëidt.)

E Mauvell Owebrôd könnt êch elo verquessen. Hoffentlêch kommen d'Kreizfährter mer dess Kêr net më iwer Hals.

Gârkättchen (*mat der Kesch um Bockel, vu lénks*). Hei, Hannickel, Kâpemännchen, bass du dât! Ech wosst alt net, wien elei sêsz ze idderzen. Du méchs jo e Gesicht, wanns de knâ's, ewë èng Gêsz dë Mespel fressst.

Hannickel. Hei, 't Gârkättchen! Da komm, setz dëch, âl Freiesch; da' verziels de 'mol wât Neis. Wells d'e Stéck Spéck mat?

Gârkättchen. Nën, dankêch, d'as mênges Neischt. Ech hun elo grad erêsch zu Leppschend Kaffi gedronk.

Hannickel. A wë gët dann den Handel?

Gârkättchen. Handel, hât êch gedüocht! Ech hun an âcht Dég net esô vill gewonn, wë ên am A verleide kann.

Hannickel. 't ass èng schro Zeit. Wann et esô viru-gët, muss êch mêng Kâpen all sëlwer opzeissen.

Gârkättchen. Bitt fer ons Mâria! Krig, Pèscht an Hongersnôt, do ass alles, wât es bevirstët.

Hannickel. Zu Dërbêch op der Héd hun se niêter Owend e grôszécht Kreiz um Himmel gesin mat Feier a Flâm ronderem.

Gârkättchen. An zu Marnêch huôt d'Zêre-kêche mer verzielt, un hiêrem Hâr sénger Fenster wiêren elo e pûor Dég noenën zwë Schwërter iwer 't Kreiz erschéngt. Dât bedeit Krig.

Hannickel. Da's kê Wonner. De Krig ass déckvoll am Gâng. Kuck nemmen emol dë Seit aus! (*e weist no rêchts hanner d'Kuiss.*)

Gârkättchen. Bitt fer ons Mâria! Wât ass dât fir en Damp iwer Huschend?

Aha, elei kommen se ma'm Commissär Konz a mat der Familjen. Dem hun se des Dég d'Caisse gefét, an elo muss e mat fir Birg, da geschitt es neischt. Fénken s'eiser ên an se din em eppes, da krit de Konz och Vèscht gemât. Pöf wider Pöf.

Laplume (zum Konz). Hei, ongléwégen Thommes, setz déch emól op d'Knée virun dé Kreizerfêx elei a bîet e Vateronser. Húos dé'n e vergész? Soll éch der erem drop hellefen?

Bendel. Lósz e goe, Ferd, der Deiwel brauch dén elo net ze húolen, dé léft em vum selwe mat Schong an Húosen an de Gréf.

Berens (zu engem Trompéter). Tút emol, dass mer en Amènt Halt máchen, dè do hanne komme jo net no. (Trompett.) Do ass mir èng Zúcht! Fir Stérzelen z'êsze, jo, ma net fir an de Krieg!

Ketty (vun hanne mat ènger Konkél an ènger Táss; zur Frâ Konz).

Ech gesin éch et ôf, dir sit dùschteréch. Hei húolt emol e Schotz Bèer.

d'Frâ Konz (get 't êscht dém Klèngen ze drénken a wellt dann hîrem Mann d'Táss rêchen.)

Ketty. Nèn, drénkt dir, hê krit derno och. (d'Frâ drénkt, d'Ketty felt d'Táss an hállt dem Konz se bei de Mond.)

Laplume. Schmâch Fox, 't ass Kibbegelew! (Schlét em d'Táss vum Monn ewèg.)

Jacques (dén alles nôgekuckt hât, spréngt dem Laplume un d'Gürgel)

Du Lemmel! Du Brigang! (d'Frâ Konz an dát Klèngt kreischen, dé áner Kommedante kommen erbei.)

Berens. Ho, e wènég lúos!. Wát gét hei vír?

Laplume (mécht séch vum Jacques lass). d'Makedétesch wollt dém Hergottsfreszer ze drénke gin; du hun éch er d'Táss aus de Pöte geschloen.

Jacques. Si' mer èng Reiberband! 't mèngt ên, de Schennergehânes wîer eisen Hâptmann!

Berens. Elo get et Rôh, soen éch, oder . . . (en zit èng Pistól an e rícht s'op de Jacques.)

Jacques. Schész, Berens, wanns d'esô kéng bass! Ketty. Jacques! (Et wèrft séch virun e fir en ze dècken.)

Berens. Aha, Makedétesch, 't ass em dè Zeit. Jacques (dréckt 't Ketty op d'Zeit). Gè Ketty, mách kéng Dommereien.

Bèwer (kômmt ma'm Tony erbei). Kuck hei elei, dè Aasselburner, dè hâlen zesummen ewè d'Klédén, Jongen a Médercher. dùrchenên!

Jacques. Bekemmer du déch net em dè Aasselburner Jongen an nach manner em dè Aasselburner Médercher, soss kônnst et der êllen erem répsen.

Chârel. Wát sét e, Jacques?

Metty. Rêch mer en eriwer.

Jacques. Rôhég, Jonge! Kâlt Blut. (En dréckt se zeréck.)

Bèwer (zum Tony, andém dass en op t'Ketty wénkt). Dát nennt de Jacques fir de Glaw! 't ass nach ewell kèn iwele Bessen.

Tony. De Jacques ass kèn Eefalt, e wész wát gut ass, an en esst och lèwer zwè wârm Pangécher ewè ê kâlen.

Ketty (erem zu dém klènge Konz, nôdém ass et dem Papp aus ènger neier Táss ze drénken húót gin).

Kreisch net, Modi, se dúrfen der neischt dun. Arme Wûrm, du bass gewess mid! Zîel, de ganze Wé vun Huséngen un mat sènge klènge Bèngercher missen zu Fôsz ze strappen! Wész de wát, elo húolen éch déch op méng Koar, da gess de geféert.

Jang. Jo g et híer. Esô èng Grimelche wêrd es nach net verweien.

Conz. Merci! Oh, merci! (*d'Fré Conz drécht dem Ketty d'Hänn.*)

Chârel. Kerdjess, Jacques, wât ass 't Ketty op emol fir déch an 't Geschir gângen!

Metty. Ech hâlen, éch hâlen!

Jacques. Eefellékkét!

Jampier. Do brauchst de nemmen e kromme Fanger ze mâchen!

Jacques (*am Escht*). Hâlt d'Mônner! An déne Sâche verstinn éch kê Spâsz. (*Et stêt op an e kômmt no vâ, rechts, wô d'Kommedanten sech zesumme gruppeert hun.*)

Tony. Aba, elei könnt den Här Robespierre.

Berens. Hahaha! De Röckelspiër vun Aasselburn.

Jacques. Wât mëngt der domat?

Bëwer. Majja, éch hun och scho gehëert, du gëw's de Republikaner zôhalen.

Jacques. A wë dât?

Bëwer. Ma du hâtts gesôt, si hätte Recht, si hätten d'Freihêt an d'Wêlt brúocht, mir wieren nach net zeidég fir d'Freihêt, an esô virun. An d'Gêschtléch, dë de Republikaséd net gëwe schwieren, dât wieren Téck.

Dë âner. Oho!

Jacques. Abé?

Bëwer. Abé, dât fannen éch dróléch vun engem, dé sëlwer fir Paschtôer gêt.

Jacques. Wîe sêt dann dât?

Bëwer. Hei, mir hun dach emmer gemênt, du gëngs dë sëlwecht Seit aus ewë mir âner! Hâ Tony?

Tony (*mat engem Wénk op 't Ketty*). En huôt séch vleicht ânescht bedúocht.

Jacques. An nach ewell grad hun éch méch

ânescht bedúocht. Ech bleiwe Bauer. A wann dër wöllt wesse fir wât: Ech gesinn eng Zeit kommen, wô de Bauer op séngem Haff setzt ewë e Kinék, Här a Méschter esô weit ewë séng Stécker gin, wô e kengem më brauch ze apperen an ennerdëngég ze sin, wô hîen durch séng Arbécht de freiste Mann ass am ganze letzeburger Land, më frei ewë all dë Häre mat dén décke Plätzen an dé fette Beich, dë nô úowenzég schmalzbîedelen an no enne mat de Fësz trêden, më frei ewë dir âner dë der sôt, der gëwt nemmen eiser Herrgott folgen, an dobei wesst der net, ob eiser Herrgott éch sei Gebott durch de Beschof vun Trëer oder durch de Beschof vu Léck verkennégt!

Bëwer. Oho!

Jacques. Oho! Ass et dann net wôer, dass am Trëeschen den Eed fir d'Republik erlâbt ass, dass den Erzbeschof sénge Gêschtléch en esôgûor vîrschreift, an dass am Niderland dë geschwûore Paschtêr an d'ennescht Hêll verdâmt gin!

Bëwer. Jé jé, éch gesin, ob déch brauche mer alt net më ze zîelen.

Berens. Wanns de dër Naupen huôs, dann hâtts de können dohém bleiwen.

Dë âner. O jo!

Tony. Wann et hêscht fir de Glaw, an 't fëert én esô Rîeden, da' gehëert én op dë âner Seit.

Jacques. Abé jo! Et gêt fir de Glaw a fir 't Land. Hun éch dann net dë sëlwecht Hémécht ewë dir? A fir mei Glaw a' mei Land schloen éch emmerzô 't Lîewen an d'Schanz, verstît der dât! Et brauch kê mir ze versprêchen, all Kugel fël viru' mer op de Bûodem, oder mer gëwen zu Letzeburg mat offenen Arme vun den E'istreicher empfangen. . . .

Bëwer (*mat engem verléene Bléck op d'Bauern, dé vun hânnen erbri lauschiere kommen*). Du brauch's net grad esô 'hârt ze jeizen, mer sin net daw!

Jacques. Wât éch soe, ka jiderén hëeren, Wë

éich de Flent ugehâng hun, du wosst éch, dass et op Död oder Liéwe gëng an dass kë Sproch mer eppes kënnst déngen, wann èng franzèsch Kugel fir méch geschmolt ass.

Berens. Jé, elo ass et dés genug. Ech mëngen, dé mëchte vun éch Aasselburner ass iwerhâpt net alles ze trauen.

Jacques. A wé dat?

Berens. Dât wêrd dir dach am beschte wessen. Wât ass dat mat èrem Kommedant? Zenter virgescht den Owend huôt en sech net më gewisen.

Döner. E korjészen Held! Wann et driwer hiér gêt, ass en op èmol verschwonnen.

Berens. Der wesst, an eise Krigsregele stêt: „Jidferên, dén sei Poste verlézt oder virum Feind tésëtèert, get òñë weideres erschoss.“ Wann d'Kommedanten der ewell liwere, wât gin dann dé áner mâchen?

Jacques (*kömmt erim erimer nô léincs bei dé Aasselburner.*) Wész nach emmer kë vun éch, wö de Schéfermisch ass?

Metty. Ma nèn! Zenter virgescht ze Nüocht ass e fort ewë ewëg geblosen.

Chârel. Owens woar en nach mat zu Huséng, éch gesöch e mat dem Commissär Konz elo schwätzen, an zenterhiér hun éch en net më erbléckst.

Ketty. Schwätzt der vun eisem Misch? Jacques, du wész jo, e mécht dat dackmól, dass en esö fort gêt òni eppes ze soen. Wann em alt neischt geschitt ass!

Tony (*zu de Kommedanten*). No dem Schéfer braucht der net láng ze froen, dé wêrd wuol durch d'Peif sin. Elo gêt mer och èng Speicherlicht op, fir wât e këng Uniform wollt undongen.

Ketty (*gêt op en duór*). A wât sész du, Gestmök! Eise Misch durch d'Peif?

Bëwer. *Taceat mulier in ecclesia!*

Ketty. Du Wisefresser! Pák a' mat déngem Latein!

Tony. A gë du bei déng Kâr a lösze hei d'Kommedante röhég.

Ketty. Kommedanten hin Kommedanten hiér! Wann's de nach èmol sész, eise Misch hätt séng Leid am Stach gelosz, da krâzen éch der déng neischnotzég Aen aus. Wells du iwert dé Jong schnuddelen, dén esö trei ass ewë Gold, an dé më Courage am kléngel'anger huôt ass wës du ennet dénger ganzer brohrézelécher Montur! Wann dén séch eppes unhölt, dann dét en derfir, wât 't Pêrd fir d'Spiüoren! Huôs de dé Geschicht ma'm Kreiz sého vergész?

Metty. Mer loszen neischt gënt eise Kommedant soen.

Chârel. A vu këngem.

Jacques. Hei stin éch. Dé gär mat mir ze dun hätt, dé so nach èmol, de Schéfermisch wîer en Auseresser.

Bëwer. Wö ass en dann?

Berens. Fir wât weisst en séch dann net më?

Döner. Elo, wö et driwer hiér gêt.

Tony. Huôt de Chârel net elo grad gesot, de Schéfer hätt nach virgescht Owend ma'm Commissär Konz geschwât, an zenterhiér wîer e verschwonnen? Dât do ass net kauschel.

Jacques. Tony, elo huôs d'èng Niederträchtég-kêt gesot. Huol s'èrem, oder teschent eis zwën ass d'Frendtschaft aus fir emmer.

Tony. 't ass gesot an 't bleiwt gesot.

Berens. En hongerege Kêrel, dén sei Wuort fresset.

Tony, Wât lész du déch esö bënter fir déngem Papp sei Schéfer un? Ass dat, well en èng Schwester huôt, dé. . .

Jacques (*an ènger heller Roserei, reisst 't Gewiér*

un de Bâle. Du Blannschlécher! Hêsch Verzeich-
ness, oder êch mâchen déch kâl, esô wahr e Gott
ass! (*Lärm*.)

3. Optrett.

(Dê Vierég, de Misch.)

Misch (*weisz vu Steps, den Hut an der Hand,
kômmt vu lénks era gestirmt a fällt dem Jacques an
den Arm*). Jacques! Ketty! Wât geschitt hei?

J a q u e s (*erem röhég*). Du könnst elo grad zur
Zeit, Misch. (*Zum Tony*.) Gef em eng Kêrz an
d'Kîerch, du! Nach eng Second, dann hât et gekràcht.

Misch. Schummt der êch net! Wann ê virum
Feind stêt, da soll ên ênég sin, an dir git elei mat
de Gewîerer op enên! Wât hêscht dât?

J a q u e s. Neischt, du gess dât eng âner Kêr
gewûor.

Misch Dajé, elo si Sâchen, dê mê pressêeren.
Wesst der, wô êch elo hîer kommen?

All. Ja?

Misch. Vu Letzeburg.

All. (*Durchenên*.) Hêert!

Misch. Ech woar zu Fôss dûor an erem, um
ganze Wê hun êch neischt gês z a gedronk ewê eng
Kûscht Brôd an eng Kûdrôpp.

Ditche n. Do kann et engem scho wêch gin.

Misch. Ech hun emmer gemént, êch kêm ze spêt.
L a p l u m e. A wê stêt et zu Letzeburg? Ass et
wôer, wât de Lamperts an dê âner ausgesprêt hun,
d'E'istreicher wiêren am Unzock, mir breichten nemmen
ze kommen fir Virspann, d'Franzôse pöffen um
lêschte Lach?

Misch. Eent no'm âner. Dât elei kann êch êch
soe, Jongen: wa' mir es zu Letzebur weisen, da
krêe mer der elauter wê kêng klêng.

Bêwer. Da's eng Fent.

Misch. Wê sêt dât? Ech hun net gestodêert
ewê dir, Bêwer, êch kenne méch net op d'Fenten.
Ma elo sin êch 25 Joer âl. Wô ass ê Mensch dé ka'
soen, en hât méch an eng Lige font?

Stemmen (*aus dem Hâf*). Lôszt de Schêfer
schwätzen.

Misch. Wê êch virgescht den Owend mat mênge
Leiden vun Aasselburn nô Husenge kôm, wô dê âner
schon am Quartêer lôgen, du hun êch och e puor
Wûort ma'm Commissâr Konz geschwât, dén an der
Gendarmerie gefânge sôsz. Dohanne stêt e jo, der
kônnt e froen. Hâr, sot êch zô em, wât hât dir vun
dêr ganzer Geschicht? Et woar mir net mê gebeier,
dât muss êch soen. Hât mei Kapp elèng um Spill
gestânen, du lêwer Gott, en êlêtzêche Jongergesell ewê
êch, wât leit un dêm? Mâ dê Aasselburner hâte méch
fir hîere Kommedant gewîelt, a wann ên sêch esô
eppe iwerhôt, da leit et engem um Gewessen. Dûorfir
wollt êch méch emfroen.

„Ech kennen êch net, sot de Commissâr, ma wêll
der méch zergutzt frot, da well êch êch zergutzt ent-
weren. Dir mâcht êch all onglêcklêch, wê der do sit.
D'Franzôse setzen a Letzeburg bommefest, d'E'istrei-
cher hu vir 14 Dég mat de Franzôse Frid geschloss,
an se denken net mê dru' fir sêch em êch ze bekem-
meren.“

Bêwer. Dât ass eng Ligen. Am Fride vu Campo-
Formio ass en hêmlêchen Artikel, do'a' stêt, dass
d'Wallôner an d'Letzeburger erem un de Kêser Franz
fâlen. De Prenz Kârel krit d'letzeburger Land fir sêng
Dêl. Dât ânert ass weider neischt ewê eng franzêsch
Fiff. Mir hun och eis Leid, dê es soe, wê den Hûos
lêft. Zenter wênê gêt ên da' bci sêng Feinde fir sêch
Rôths z'emfroen? Schêfer, Schêfer, êch mênge der
sit des Kêr beim Wollef Petter gin. Der wesst, dir
an êch mer poaren nach virun zwên Dég op eng
Plâtz zesummen, do hût et ânescht gelant. Wât wellt

dir dann op emol më gescheit sin ewë dë âner Leid, a wât git der bei de Schmitchen amplätz bei de Schmat?

Misch. Op der Plätz, Bëwer, wô mir zwën zsumme woaren, do göf fir sicher gesot, d'Franzosen hiëwen séch durch d'Niderland op hém gezogen a Letzeburg síew vun den E'istreicher besát, mer breichten es nemmen ze weisen, da gëngen all Poarten op a mer gëwen empfängen ewë eiser Herrgott zu Gerusalem.

Bendel. Ass dát dann íeren net wôer?

Bauer. An ass et och net wôer, dass dë vîerég Woch zu Köllen um Rhein e Brëf vum Himmel op de bloe Stë' virum Döm gefall ass?

Jacques. A wât soll an dém Brëf gestân hun?

Bauer. Et wîer elo héch Zeit, fir de franzéschen Antekrescht aus dem Land ze joen.

Misch. Jongen! 't ass alles gedúocht a gelugen!

Stemen (*aus dem Hof*). Oho! De Schëfer hénkt es èng op!

Bëwer. Gléwt em's net, Jongen!

Chârel. Löszt de Misch schwätzen.

Misch. Abé, éch dúocht: Gef dem Jong e Steiwer a gë selwer. Virgescht den Owend hun éch méch op de Wé gin, d'ganz Núocht an de ganze Virmettéich sin éch dÛrcharjéert. Zu Lentgen op der Strosz sin éch fir 't észcht agekëert fir èng Dröpp ze huolen. Sôt emol, frôt éch, ass et wôer, dass d'E'istreicher erem zu Letzeburg sin? — Se hu' méch all bekuecht ewë e weisse Kúob an du schloen se mat enên un ze láchen: D'E'istreicher, guder Frent, dë sin eddi a fort iwer de Rhein, fir all E'iwégkët! Ech drénke méng Dröpp aus an éch gi weider fort. Ennerwé, zu Walfer, huôt e Bauer méch op sei Gefër geholl. Fëch fuorschen un em, wë et zu Letzeburg stëng, a wë éch em sôt, et gëf erzielt. d'Französe wîere vun den E'istreicher

aus dem Land gedämpf, hei frot e méch: Sot emol, vu wô sit dir? Dir musst aus dem Honnsészlék sin, soss wesst der dach, dass d'Französen zu Letzeburg esô fest setzen, ewë èng Karmesch an èngem Schmuôlmeschenascht! A wât éch mé noh bei d'Stât komme, wât éch më gesin, dass de Mann Recht hát, an dass mir èllen hannert 't Licht gefëert sin. Letzeburg ass voll Französen, un d'E'istreicher dénkt ké Mensch më, an si jidenfalls och net më un eis. Ower d'Französe wessen, dass mer ennerwé sin, a se hun séch drop gerícht, fir es z'empfánken. Laut dém, wë éch gehëert hun, sollen e puor Regimente op den E'isléck lassgelosz gin.

Laplume. Wann dát esô ass. . .

Bëwer. Ech gléwen et net.

Berens. Dén hánkt es èng op, fir dass mer sollen d'Klöppele bei d'Tromm léen an erem hém goen.

Bëwer. *Rébus infectis?* 't ass em Angscht fir sei Liëwen.

Bendel. Nix do! Emmerfirun! De Réscht fendt séch.

Bëwer. Gléwt em es net! Dé woar dabal zu Letzeburg.

Chârel. Misch! — Ech well soen, Här Kommandant! Gin éch èngem èng tachtelen?

Misch. Losz gewërde, Chârel, dát get séch alles vum selwen. Elo hun éch meint gesot. Mächt ewë dir denkt, éch máchen ewë éch denken. (*E' gët ma'm Ketty a mat dén âneren Aasselburner op d'Seit.*)

Döner (*am Trapp vun de Kommedanten, dé séch no rechts zeréck gezogen hun.*) Ja, dë Säch do ass net grad esô kloer, ewë dir et sôt. Ech mängen, de Schëfer könnt am Enn dach Recht hun, an da könnt de Spász es alleguor 't Liëwe kaschten.

Hartmann. Der hut es do èng Zopp a'gebrécht, dë ész() éch net mat aus.

Berens. Ech gi' mat mer zu Chârel. Wann

de Schéfer dach d'Wörécht gesot hátt! En asz kén onéwene Jong, éch kénnen e scho láng, an éch hun en nach a kenger Lige font.

Béwer. Mat érem Schéfer! Ech soen éch jo, den Här Lamperts huót Leid an' der Hand, dé wesse mé, wé 20 esö Schéfer gewúor gin, a wann s'och bis un 't Enn der Welt léwe, fir h'ier Núos sélwer an alles ze stéchen. Nach dé lécht Woch woar eiser Kome-roten ên, de Klên vun Uoschderef, zu Wampéch. Dé woar derbei, wé dem Generól Beaulien séng Reiteréi vun Arel erow iwer d'Rammerécher Knupp op de Rhein zó retiréert huót. „Kanner, sot de Kommedant, mer können et net mé erhálen, d'Französe wúoszen es iwer de Kapp. Ma löszt gewérden, dé Seit dem Rhein get séch érem gesimmelt, an da komme mer érem, an da gare!“

Abé, elo ass dé Zeit komm, um Rhein an an Ita-lien sin d'Französen um Nödreiwen, de Bönepart ass an Egypten, dé kann en elo neischt mé hellefen...

Berens. Dát ass alles schén a gut, ma 't ass neischt Sicheseres. Dir hát es gesot, d'E'istreichéer wíeren érem am Land, an elo stéllt et séch éraus, dass se héchstens eréscht um Rhein sin. A wé sangen d'Kanner: „Vun dér Musel bis op dé Rhein — könnt den Här net bál, da gin dé Böne kál!“ De Schéfer huót Recht: wann é weider neischt riskéert, ewé den égene Kapp, da kann é mat gleiche Föszen an esö eppes sprangen; ma wann ên áner Leit mat soll an d'Laberenten zéen, da muss ên séch bedenken.

Tony. Elo fenkt de Berens och u' Wässer ze zéhen. Berens. Dát soen éch net, éch stin allemol mei Mann. Ma wé d'Sách elo séch huót, soll jideré frei sin.

Béwer. Wát e Gedészems! Gi' mer oder gi' mer net? (*Se schéden séch an zwen Trüpp, dé éng lénks em de Misch, dé áner rechts em de Béwer.*)

Bendel (*rechts*). Gewass gi mer! Dén éschten, dé Min mécht, fir emzekéeren, dé kr' méng Pick elei an d'Treipen.

Hartmann. Béwer, dát huós du um Gewessed. Ech hu' vun Ufank u' gesot, et gëw net rícht reizen.

Béwer. Lös méch a Röh! Wann et der net gefállt, dann huól d'Leppen an d'Hand an dréck un. Du huós jo ónédém missen derzö geschloe gin, soss wíers de net hei.

Tony. Dajé, dir do iwer, wé stemmt et? Folge mer dem Schéfer oder wíem? (*Geläch.*) Dén ass jo gewint, esö éng Zort hannert séch ze gesin.

Chârel (*wóllt op e lass*). O du...

Misch. Ké Würt, Chârel. Lösz gewérde, wát se máchen.

Béwer. Wó ass den Trompéter? Wó sin eis Trommeschléer?

Ketty (*hóllt de Misch op d' Seit*). Misch, kuck emol doriwer no Lepschend! Geseis de neischt vun der Kopp erof op es lass kommen!

Misch. Dach, wát ass dann?

Ketty. Du huós gesot, et wíere franzésch Re-gimenter ennerwé fir an den E'isléck.

Misch. An elo méngs du, dát wíeren se?

Ketty. Ech gesin net esö kloer, ewé's du. Du bass gewint, emmer an d'Weit ze kucken, du huós jo A'en ewé e Spuórfull. Wát ass et dann?

Misch. Dát elo? Dát sin dé Leppschter Kéh, dé hémfüoren.

Ketty. Abé, da so neischt, lös z méch gewérden.

Béwer. Dajé, géht dát bál virun? 't ass elo genug getrentelt! Hop, dir Aasselburner, git vir!

Tony. Oder wann der net esö kéng sit, da sot, ére Schéfer soll éch peifen, dass en éch érem hém an de Stall féert.

Ketty (*sté*). Séch erschréckt a weist lénks hanner d'Kuliss. Manmô!

Ketty. D'Französen! d'Französe kommen!

All (*durchenèn*). D'Französen, d'Französen! (*Et enistèt en Durchenèn an e Gréjeitz, dass ké mé dén àner verstèt. Dén Trapp em de Misch hält fest, e puor dervun hâlen séch d'Beich vu Lâchen. Vun dèr àner Seit sin der e puor, ewé de Berens, de Laplume, dé séch dénen, dé fortlâfen, an de Wé stellen, vergiéwes. Dén észten, dén auszét, ass den Tony.*)

Berens. Hei, Tony, op deser Seit si jo d'Französen.

Bèwer (*werft d'Flent an d'Pistólen ewég*). Hop, mâcht éch aus de Fësz (*ow no rechts*).

Bendel. Hé, wârt, huolt méch mat. *E bleibt am lèschten um Bauch leien*).

Pier. Bendel! Wûor iéfs de dann? Hei ass jo d'Kluck ma'm Brantwein.

Bendel. Lâf mer de Bockel era' mat denger Kluck, éch hun se kédég gedronk (*ôw, dén àner nô*).

4. Optrett.

(Misch, mat séngem Trapp, vun dèr àner Seit de Berens an de Laplume.)

Laplume. Mâch du elo kèng Gèckereie, Pier! Misch, Ketty, Jacques! A wât gêt éch un, esò ze lâchen. D'Französen. . . .

Chârel. Lôsz se kommen, êmol get nach gut gelâcht. Kuck, wè se beszelen.

Metty. Dé Wampécher hire Kommedant léft ewé èng wuódegrämméch Kô.

Laplume. Elo ass kèng Zeit fir Flautereien! Misch, kuck dass de dèng Leid an d'Hand kriss! Fir wât bass de Kommedant?

Misch. Zess déch, Ferd, dat mat de Französen ass èng Fapp.

Misch. Dât wîeren ârtelèch Französen, dè vèer Bèn an zwè Hîerner hâtten a blâre gëwen ewé d'Kéh. **Laplume** (*d'Hand iwer d'A'en*). Du Zara! Mei werréch, 't ass èng Hèrd Kéh.

Misch. Dè Kèer woar et nach fir Spâss, Jongen. Esò huôt et misse kommen. Et gêt, ewè an der helléger Schreft, wè de Gedeon mat séngen 32,000 Mann gënt d'Madianiter gezugen ass Dén huôt och zum lèschten nemmen dé 300 behâlen, dé aus der Gâschel gedronk hun. Abé, elo si mir dè, dè aus der huôler Hand gedronk hun. Dè elo nach hei sin, op dè könne mer es verlôsen.

Berens. Schèfer, ech hun der 't ènescht On-gleich gedoen, 't ass mer léd; éch hoffen, du dré's mer neischt nô.

Misch. Aha, Berens, bass du och bliwen? Hei huós de méng Hand. Esò ass et recht! Wè op der Long, esò op der Zong, a wann èn engem Ongleich gedun huôt, dann och net gezéckt, fir et erem gut ze mâchen.

Berens. Wât èng Rîed. (*Dé Aasselburner kommen dem Berens d'Hänn gin.*)

Metty. Neischt fir ongut, Berens.

Misch (*hóllt de Jacques an 't Ketty op d'Seit*). Wât ass Neis vun dohém?

Ketty. Méng Mamm huôt ongemellèch gehâlen, dass ké Mensch wosst, wò's de nés dru' wîers.

Misch. Esò eppes rîcht séch am Beschten aus, wann èn erészcht hannen nô dervu schwätzt. (*Eng Paus.*) An ass ewèll lâng. . . 't ass gut. . . neischt

Ketty. Hânze Gréichen hât sollen. . . .

Misch. 't ass gut, hâl stell! (*fir séch.*) Elo kann éch dèr Gedanke kèng mè brauchen. (*E geseit de Konz.*) Bann èn dem ârmen Deiwel do d'Hänn lass a lôszt e lâfen. De ka' fir neischt. (*Et geschit. De Konz*

5. Optrett.

(Dě Vîérég; de Paschtöer München.)

München (vu lénks). Globjeskreshtes, dir Jongen! Kennt der méch net?

Jacques. Dát ass den Här Paschtöer Münche vun Diekirch. (Se dongen all d'Hüt an d'Käpen of.)

München. Ech hu gehëert, dir Kanner, der wîert am Marsch no Letzeburg fir d'Stât anzehuolen.

Misch. Dát hu mer opgin.

München. A wát elo?

Misch. Ja, elo si' mer net op de Rösen. Ech hu' gesin, wé et zu Letzeburg stét. Ennerwé sin éch gewuor gin, dass d'Brigade vun Eitelbréck, vu Veian, vu Miersch a vun Iewerleng enner dem Capitän Sales an dem Leitnant Coost op de Bê sin, Woltz ass ród vu Französén, mer gi gejojt ewé d'Huose vun de Klépper. Entwider hëscht et, séch verstoppen, oder de Bass hâlen. Gebâk si' mer op alle Fall. Wát méngt der?

Berens. Ech sin net mat gänge, fir méch am Léer fénken an dôdschloen ze lösen. Esô läng ewé éch eng Oder am Leiw ka réeren, soll kê Feind soen, en hätt de Berens vu Böckeltz ânescht gesin ewé an 't Gesicht.

Misch. Wé ass et mat éch âner?

Metty. Ech soen, ewé de Berens.

Chârel. An éch, ewé de Metty.

Jacques. An éch des nämlechte Gleichen.

Laplume. Méch braucht de net ze froen, éch gi' ma'm Kapp durch d'Mauer.

Misch. Au dir?

All. Mer hâlen zesummen!

Misch. 't ass wuol, d'Geför bendt de Leiden

gescheitst, mer mâchen es op Clîerf, a mer verschanzen es am Dëeregârt beim Schllass, hannert de Palissaden. Wát méngs du, Berens?

Berens. Do könne mer en trotzen. Sit der mat, Jongen?

Misch. Se sin hiéerer schon en Trapp do, mer fanne gut Gesellschaft.

München. Kanner, gléft mir, git sché rôég hém, jiderén un séng Arbécht, a wann d'Französe kommen, dann empfängt se fridlich a frendlégg.

Laplume. Jo, fridlich a frendlich, mat Polfer a Blei. Erais mussen s'aus dem Land!

München. Dát ass bâl gesôt. Ma bedénkt, wát der mácht. Dë méscht vun éch hu' Fra a Kanner, oder Papp a Mamm dohém. Wóllt der dë mat éch onglécklich mâchen?

Misch. Et gët fir d'Hémécht a fir de Glaw, dë stin es iwer Mamm a Papp.

Laplume. An iwer Fra a Kand.

München. Fir de Glaw, sot der? Ech wész, dir sit all trei ewé Gold, dir hält fest un éren âle Paschtëer, dë dén neien Eed net wölle schwären, an dë éch soen, d'Französe wóllten de Chreschtendom vun Erbuodem verdingen. Se méngen et gut, ower gléwt mir, se gin ze weit; wesst der dann net, dass der vill vun dénen, dë ufangs och d'Revolution gepriédégt hun, haut gesin, dass se Onrécht bâten an dass se de Leiden ofroden? Huolt nemmen dë Eyschens vu Bauschel, dë si' jo och gëschlich an dë stöngen am Ufank mat un der Spetz gënt d'Frar-zösen. Haut wessen se vun hirem Coséng Willmar aus der Regérong, dass se mat hiren Opwiglereie gehollef hâten, 't Land onglécklich mâchen, an ewell gin se gut Kârtén. Dë âner wessen et net besser, a wann der déne follégt, bis un 't Enn, da' bréngt der vill Kreiz a Lâd iwer ért ârmt Hémécht.

Misch. Da kuckt emol, wé dë Friem et mat es

mächen! Se wöllen es e neie Glaw opdiréngelen; a wát huót dann de Mensch, wann e vu Gott an der Welt verlösz ass — wát huót en dann ánescht, fir séch an der Rícht ze hálen, ass wé dát, wúorun sei Gewessen en zwéngt ze gléwen? Ech sin en ármes domme Schéfer, ówer éch hu' mer an dé lángen Dég an dé lángen Núchten, wann éch op der Héd eléng sösz, och méng Gedanken iwer Himmel an Hèll gemát, an éch huólen et ú' mir: Wát éngem sei Glaw an sei Gewessen ass, duóru lésst én net rëeren, duórfir ass éngem 't Lfëve fèl.

München. Du huós Recht, mei Jong, ma lösz méch der elo eppes soen. Du méngs, d'Französe wíeren an 't Land komm, fir éch ze verbidden, ze gléwe, wát der wóllt. Dát ass net wóer! Si wólle grad, dass jidéré soll frei sin am Glaw!

Laplume. An duórfir geheien s'es d'Klacken an d'Kreizer vum Kírchtour.

München. Dát ass och ze weit gángen. Löszt s'emol éng Zeit láng gewírtschaft hun; mat der Zeit get dát séch vum selwen.

Laplume. Mat der Zeit mécht én Hè. Ma domat ass eis elo net gehollef.

München. Fir wát huót der dann net dra' geschloen, wé dén ále Késer Jösep séch esö vill em d'Kírchen an d'Klëschter bekemert huót? Wát dén. net am Guden dírchdreiwé konnt, duórfir hun elo d'Französen d'Welt op d'Kopp gekéert. Der gesit, et kann én ennert de Französen esö gut e kathòlesche Chrescht bleiwen, ewè ennert den E'istreicher. De Glaw huót kèng Hémécht ánescht ewè am Himmel.

Misch. Ower mir hun éng Hémécht, dát ass eis, a mir wóllen se hále fir eis eléng!

München. Èr Hémécht wóllt kèn éch huólen. Misch. An dach! Se hun 't észcht d'Stát Letzeburg mat Gewalt geholl, an se hun séch Här a Méschter dra gemát, an elo wóllen s'es 't ganz Land Zoll fir

Zoll enner de Fangeren eraus stéelen. Allen Enne setzen hir Commissären an hir Agenten, fir es lúos a lúos ennert der Hand emzedrèen, fir et ferdég ze bréngen, dass eis Kannskanner séch híeres letzeburger Numm solle schummen! Ass dát es eist Land net gestuól, wann s'es d'Léft derfir an de Stolz drop aus den Hérzer schmockelen? An ass dát es eist Land net gestuól, wa' mer gezwonge gin, an aller Häre Länner eist Blut fir eng Säch ze vergëssen, dé es neischt u' gèt?

All. Jo, jo! De Schéfer huót Recht!

Misch. A wa' ké mé séch fendt a' ganz Letzeburg, fir e Widerstand ze dun, abé, da wólle mir weisen, dass mir fir émol eisen Num als észlécker Téck net gestuól hun. Ech wész jo ewèll, et ass éng verluóre Säch fir dé mer-es gi klappen, eise Krig ass op en Enn, ier en ugefangen ass, ma et soll kèn 't Recht krée fir ze soen, d'Letzeburger hätten séch röhég an d'Tésch stéche gelosz óni séch ze wíere bis op dé léscht Dreps Blut, a wann och kè Mensch e Beistand dét, kèng E'istreicher a kèng Engliänner, a wann s'och virun Ae gesin, dass et híert Lescht ass!

All. Jo! Jo!

Misch. Eddi, Här Paschtóer, a wa' mer müssen dru gléwen, a Gottes Namen, da' lösz der eng Krèll fir es fálen.

Jonge, mir nó! A wann et da' muss sin: An der Döð fir de Glaw a fir 't Land!

All. Fir de Glaw a fir 't Land!

(Rideau.)

III. Akt.

(*Am Park zu Clîérf. An der Mett vum Theater e schéne grösse Bân mat ènger graff gezammerter Benk derenner. Den Hèng setzt um Bâodem bei èngem Feier Kugelen ze gîssen. De Misch verbendt èngem verwondte Bauer den Arm.*)

1. Optrett.

(Misch, Hèng, Foxius, Dengler.)

Dengler (*zum Misch*). 't ass e Gléck, Schéfer, dass mer déch hun, fir es ze verbannen; du kenns dat, ewë en âle Feldschêer.

Misch. 't ass èndun, éch wîer es lëwer lass, éch krëe jo net emol Zeit fir en ènzége Schotz ze dun. Wann éch 't ènescht net op dat Rêh gefeiert hätt, dann hätt éch nach méng èscht Kugel am Laf.

Dengler (*zum Foxius, den un Luóden ass.*) Du gess déch net, Foxius.

Foxius. Lósz gewërden, éch hun ên am Schnâ, . . . so neischt!

Dengler (*zum Heng*). Gef hîer e pûor Kugeln, mei Jong.

Foxius. Gesit der dë Scheldwüocht doiwer beim Schlass?

Dengler. Fûor em es dûor!

Foxius (*lét 't Geviér un e Bâm a schézt hannert dé lénk Kuliss*) Há, hut der dé gesi bonzelen? Dat woar propper Oarbécht! (*En zit sei Messer an e mécht èng Kiérb an sei Kollet*).

Dengler. Wát get dann dat do?

Foxius. Dat woar Numero zwanzég. Ech mâchen all Kêr èng Zéchen. Nach zwën, dann hun éch de Schröder vu Gësdúorf erem.

Dengler. Ech gesin elo zenter èng hallef Stonn emmer ên de Kapp zu Rischards hîere. Jâglicht eraus

strécken. Ech hun ewell zwémol op e geschoss; et huôt ronderem d'Speicherlicht gestepst, ower de Kîerel huôt mer all Kêr èng lang Nûos gemât. Elo woen éch nach èng Kugel drun. Drei ass göttlêch.

Foxius. Do musst de net lÂng bîchten. Gef em e Worfshotz. Dë hólh èn ewë d'Schnèppen, oder de Fochs am Ennergehólz.

Dengler. Do ass en erem. (*Schézt hûrtég.*)

Foxius. Dë Kêr hûos d'en en. Ech hun den Uschlag gehéert. Dë mécht kèngem më èng lÂng Nûos.

Dengler. Gef úocht, elo krëe mer hires Blei och ze schmâchen. Se leien zu 20 Mann a' Rischards-haus. . .

Flatsch! Wát hun éch gesôt. (*Lét de Fanger op e Lach, dat èng Kugel an de Bâm grad iwer dem Schéfer sei Kapp geschloen huôt.*) E pûor Zoll më dëf, Schéfer, dann hâts de dèng Brit. Stë lëwer hannerr-wanns bis de fêrdég bass.

Misch. 't gewint ên séch' bâl drun (*trètt hannert de Bâm*).

Foxius. Ech gin en Ament do erower, hei kommen éch dach elo esô bâl net më zum Schotz. (*of rechts*).

2. Optrett.

(Dë Vîérég, ònë de Foxius.)

Misch (*zum Dengler, andém ass vum Zeit zu Zeit Bauerén mat Flenten iwer den Theater kommen.*)

Wë woar dat da gÂng, wë der de Commissâr des Dég hei zu Clîérf iwerfall hât?

Dengler. Dén Deiwel woar es ze lós, en ass entwesch. Mer hâten s' eiser e Stécker 500 Mann an der Gemèng iwerdubbert. De Commissâr an de Grefstgen, der kènt e jo, den Didier, kómen es èng lÂng Labber. Ol hâle, mer sollten erem schén op

hém goen, d'Gendären háte schon de Fösz am Bigel, fir op Hellef auszereiden, du hu' mer sí mat dem Commissär an séngem Greftege ma'm Wéckel geholt. Dem Commissär huót mordjess núots de Goerens vu Munzen (Munshausen) iwer de Biérg gehollef, ma' de Brigadier Risch mat zwé Gendären hu' mer derno no Huséng geféert an a' gesát. Am Schllass dohanne fonte mer den ále Dokter Mierscher, den Agent vu Bészléck. En hát séch verstoppt, ma wë e gesöch, wë mer beim Lannoy gehaust hun, du kóm en eraus gekroch an e wollt och nach fréch gin. Ma dén hát et geféngert: Durch den Dreck hun eis Jungen e geschléft, én huót em éng Repp, dén áner en Arm ma'm Kollef dúrtgeschlooh. . .

Misch. Dát woar érer Eier kën décke Kóp. Un ále Leide vergreift én séch net. An séng Auer siëw em och gestuol gin?

Dengler. Dát wësz éch net. Et sin der jo emmer derbei, dé d'Fangeren net können hálen. Ma à la guerre comme à la guerre, sét de Franzós. Mer hun de Mierscher a' gespárt mat dén-áner, mat dem Girres, dem Pleyser, dem Didier, dem Ensch, dem Bouvier an dem Neumann, an derno huót jideré vun e missen en Há mat der Aax an de Freibám dun.

Misch. Já, Dengler, 't sin allerhand Sâche geschit, dér mer es net brauchen ze bereimen, an dé sicher net fir de Glaw a fir 't Land nedég gewiescht wieren.

Dengler. Nujé, mir si jo kèng Affekoten a kèng grös Héren, et ass munches durch de graffe Beidel gâng, ma si sin och net emmer zemperléch mat eis éngesprongen.

Misch. Schlo drop, wö et gelt, ma' lösze leie, wát deint net ass, soss si' mer Brigangen a kèng Zaldoten.

Dengler. Elo huós de an d'Richtékgét era geschwát. Ower esö vill ass och wöer: Dé allegüoren, dé nemme mat si gänge fir ze grippsen, dé hun séch hell erem verfúsz, wë d'Lompen ugefângen hun ze sténken. Dér ass ké më ennert es.

Ma elo ass genug gekallt, lösze mer en Tratt weider goen (*of no lénks*).

3. Optrett.

(Misch, dann Hibert, Chârel, Jang.)

Jang (*hién an de Chârel bréngen den Hibert gebonne vu rechts eran.*)

Kommedant, elei hu' mer en décken Hécht gefângen.

Misch (*fiért zesommen, wé en den Hibert geseit*). Hibert!

Chârel. E wollt de Französen do uowen éng Henner(lirche weise fir es an de Réck ze fâlen, ower mer woaren em ze lös. Wát gi' mer mat em ufénken?

Misch. 't ass gut, löszt mir en hei, éch hun e Wuört mat em ze rëden.

Jang. Dass en der net auszét!

Misch. Gît, éch biérge fir en.

Chârel. Abé, da komm Jang, mer blosen der nach e puor erof (*of no lénks mam Jang*).

4. Optrett.

(Hibert, Misch.)

Hibert. Da' jé, wanns d'epes mat mer welles huós, dann tréntel net lãng.

Misch. 't geseit én, du huós 't Gewessen net frei.

Hibert. Sö frei ewë's du, Misch. Ech wollt der nemme soen, wann's de méch gër kâl háts, da mách virun, dass de ma'm Do durch de Besch könn's, ewèll et dauert net më lãng, da' kritt der elei Lût gemát.

Misch. Dúorfir ass kèng Bãng. A wann amplãtz 500 Französen der 1000 këme, mir gëwen es net.

Hibert. Der get éch net, bis der Deiwel éch huót.

Misch. Dát fönnt séch beim Wãnen.

An da mëngst de wërkléch, éch gëng der elo wellen un 't I wewen?

Hibert. Wells d'et drop ukëeren, dass éch der Pardong hêsche soll? Jé, jé! Ech hun der dei Médche vergâchelt, éch hun an déngen Aen 't Land verkâf,.... gut, hei stin éch, bicht zergutz! Ech gëw méch net gër lâng am Gras wänzelen, ier éch dra muss beizen.

Misch. Kuck Hibert! Ech hun zenter Mént a Mént ewë eng ârme Sël no dër Stonn gegeipt, wô éch der endléch un d'Gurgel sprange könnt an déch mat méngen Hänn elei erwiergen. Du huôs mer dât grëzste Léd ugedoen, dât mer vun engem Mensch konnt widerfüoren. Et zéckt mer an alle Fangeren, a wann éch méngem Hâss follé gëng, dann hâtts de 't lãngst gëföwt, da' gëwen déng Fësz déch net më vun dër Plãtz elei droen . . . Ower éch zwange méch, éch stin net hei fir méch, éch stin hei fir eist Land!

Hibert. Eist Land! Dir ârem Hësenger Bëck! Mëngt dir, dir gëwt de Französen 't Land erem ofhuolen? Wann der ên erschëzt, kommen der honnert amplãtz. 't ass grad ass wöllt der 't Mër ausschëffen! Get éch der Kãtz!

Misch. Och né, mein Alen! Esö lichtschtätz gi' mer es net. Wann ên séch uspânt, da muss en och zëen. Et muss é könne fir eng gut Sâch an 't Feiergoen, och wann é viraus wësz, dass ên séch d'Fangere verbrennt.

Hibert. 't geseit é wuol, wuors de bëers. En Tock ass en Tock. Më hãrt ewë èr Kãpp get jo neischt më.

Misch. 't siëw dann. Stól ass och hãrt, an du wësz, enthãrte Stól ass gut fir bei 't âlt Eisen.

Hibert. Dât séz d'op méch. Mëngs de dann, éch wïer bei d'Französe gâng, fir de Cujong ze spillen? A mëngst de dann, éch wïer net fir eng gut Sâch an 't Feier gâng, an éch hãtt net gewosst, dass éch mer könnt d'Fangeren derbei verbrennen?

Misch. Gë mer ewëg. Dën un sei Land rëert, dën ass ewë ên, dën séch un sengei Mann vergreift,

Hibert. Jé, Schëfer, du woars nach all dei Liëwen esö iwerspânt. Dât bréngt dein Handwërk mat séch. Emmer esö elëng mat senge Gedanken, dât huot nach këmol vill gedãcht.

Misch. Dât ass demno, wë d'Gedanke sin.

Hibert. Kurz a gut, elo sész de mer, wât's de mat mer welles huôs.

Misch. Esö lãng, wë éch eppes iwer déch ze soen hun, geschit der neischt. Ma wann éch zu Liëwe bleiwen a mer begënen es spëder eng Këer, dann huol déch an uocht, da rechene mer mat enën.

Hibert. 't ass, wë's de wells. An do jo eng E'ier dër âner werth ass, da soen éch der dât hei. Er Stonne si gezielt. Zu Oarfeld sin haut de Mûorgen d'Klöppejongen zu Mësz geschloe gin, an éch werd et net besser goen. Et huot e Reiter elo ënescht eng Staffët brüocht. Duorfir, wann's d'entzwö e Lach fenns, da mäch déch derdürch, — éch hãtt gër, wann's de dervu' këms, wann et och nemme wïer, fir déch hannen no erem ze begënen. . . .

Aha, elei bréngen s'ën, éch mëngen esö, dém ass 't Schësze vergãngen.

5. Optrett.

(Dë Viëreg. De Jang an de Chârel bréngen de Metty gefëert, dé séch nach nêleg schlëfe kann; se lëen, en ennert de Bãm.)

Jang. 't ass e wëscht gin, Kommedant. Éch mëngen, 't wir sei Lëscht.

Chârel. Eng Kugel metten op d'Broscht.

Misch (*lenët niëwent dem Metty op de Buodem*).

Dém ka' ké Schëfer më hellefen a kën Dokter.

Chârel. Woart, éch hu' mer dé verhãlen, dën op e geschoss huot. Et ass é mat engem lãnge schwãrze Schnorri. Dé kann sein Testament mächen.

Misch. Fëert ère Gefãngenen of, a kuckt, dass

J a n g. Wider e Bâm mat em an èng Kugel vi-
run de Kapp, më hùot en net verdéngt.

M i s c h. Dass em neischt geschit, soen éch nach
èng Këer.

C h â r e l. Dajé, marsch! (*of no lénks ma'm Hibert
a ma'm Jang.*)

6. Optrett.

(Misch, Metty.)

M i s c h (*niévent dem Metty um Buoden*). Dèt et
wéh, mei Jong? wë? . . . Dei Rôsekranz! . . . Ech
soll dénger Mamm e mathúolen? . . . siëw rôhég,
e fällt ennert kèng frîem Hänn . . . Metty! . . . En
hëert méch net më. . . Sei Bols ass rôhég. — Arme
Jong! Alt erem ên, dén Aasselburn net më ze gesi'
krit.

Wë mer dohëm ausmarjëert sin a mer kôme láscht
hir Dir, du hùot séng Mamm mer nach nôgeruff:
Schëfer, sot se, mâch dass de mer e liëwég erem
bréngs! . . .

A wât gêt mer elo durch de Kapp! Fir wât denken
éch elo op émol um Metty séng Mamm, . . . ass misst
éch her Rechenschäft gi fir hiëre Jong! . . . Soll
éch dann un séngem Dód schold sin? . . . Se woaren
dach alleguór êns fir séch ze klappen. . . éch hun e jo
.net gefléwt, 't göng fir de Glaw a fir 't Land. . .

7. Optrett.

(Misch; Ditchen, Pîer, Berens, Baueren komme vu
rechts.)

P i e r. Schëfermisch, láf duorhannen ennert dë
grôsz Eech, do leit de Foxius vu Woltz mat ènger
Kugel am Gesicht, kuck op's de dém net hellefe kanns.

M i s c h. Wann et esö viru gêt, da mâchen se den
dretten Zéngter geschwe voll. Eis Jon fâlen, ewë
d'Schnëffacken. Wë ass méng Flent? (*en hüllt séng*

8. Optrett.

(Dë Virég, ôné de Misch.)

P i e r (*geseit de Metty*). Jess Marija, Metty! (*enét
niévent em*). Arme Kèrel, en dët kèng Zéche më!
A wât gêt déng Mamm soen? 't ass èng Senn an
èng Schân, esö jonk.

D i t c h e n. Ja, mei Jong, èngem sei lèschten Däg
stët net am Kalenner. Schwätz du net, op émol schlësz
d'och èng Koplubuntz, an da' gêt et der grad ewë
dem Metty. Päck érer zwën en un an drôt e bei dë
âner, an den Armitage duorhannen. (*et geschitt*).

9. Optrett.

(Dë Virég, Jang.)

J a n g (*könnt vu lénks*). Kommedant, éch hun em
sei Fett gin! . . . Hei, wë ass de Schëfer?

D i t c h e n. Wât brauchs de de Kommedant? Wiëm
huôs de sei Fett gin?

J a n g. Becks Hibert.

P i e r. Dem Gendâr?

D i t c h e n. Wë kôms de dann un dén?

J a n g. Wosst dir dann net, dass mer en elo grad
gefásst hun, dass en de Französen en hëmléche
Schloff wollt weise fir es z'emsetzen? Mer sin em op
de Virzock geláf a mer hun e ma'm Schlaiffitche krit,
grad wë en iwer d'Polissade gespronge kôm.

P i e r. 'tjess, éch hätt gër gesin, wât de Schëfer
fir e Gesicht gemât hùot, wë en den Hibert gesöch.

D i t c h e n. 't woar ze denken, dass dë zwën emol
hannert ené këmen. Wât sôt dann de Misch?

J a n g. Dât rôt dir sénger Lëpches Däg net,
Méschter. E sôt, mer sollen en a'spère goen, an et
dërft em bei Le . . . en neischt geschëen.

J a n g. Du hu' mer en dann ofgefëert. A wë mer dohanne bei 't Schlass kômen, du sôt de Chârel: „Hei, do ass dem Metty sei Franzôs, richt eriwir bei Rischards. Dé stët mer elo grad gïedelëch, lös z méch dem eng doerower krâchen!“ En hât et kaum gesôt, du krût e sëlwer eng Kugel op d'Stir, dass e Knall a Fall zesummen tröllt. Hei fänkt den Hibert un ze lâchen: „Dâ's der gut, eng âner Këer bleiws de mat der Nûos dohém!“ Wât! sôt êch, du neischnotzége Pandöer! an êch renne mat ménger Pick op e lass, êch wetten, êch hun en durch an durch gerannt, êch hun em s'am Leiw ronderem gebrûot, esö eifrérg woar êch.

P i e r. Ass en ewëch?

J a n g. È meffert nach e wënég, ma siëw dës sïcher, d'Zänn din em net më lång wë. Ech muss dem Schëfer et soen, wô ass en?

P i e r. Ausgemâter Sâch kann de Misch neischt dergënt hun, elo hennert kën e më dohém beim Grëtchen.

10. Optrett.

(Dë Vïérég, de Misch.)

M i s c h (*vu rechts, opgerégt*). Elo huôt de Foxius och missen dru glëwen. Wô gët dât hin!

J a n g. Kommedant, êch si komm, fir der 'ze mellen, dass êch eise Gefângenen erstach hun.

M i s c h. Erstach? (*Rënt op de Jang lass*). Hât êch der net gesôt, et dïérfit em neicht geschëen?

D i t c h e n (*trïët teschent dé zwén*). Alt luos, Schëfer, wât entsanns de dëch esö fir dé Gendâr?

J a n g. Ech hun nach gemënt, wât êch méch!

M i s c h. Wô leit en?

J a n g. Dohannen um Wûos. (*Mis ôf no lénks*).

11. Optrett.

(Dë Vïérég, ôñë de Misch.)

J a n g. Lâf, e get der vleicht nach e schëné Gröss mat fir séng Freiesch, fer en himmelt.

B e r e n s. Wât ass dât mat dem Schëfer a mam Gendâr fir eng Geschicht?

D i t c h e n. Oh, dë âl Geschicht vun den zwë Jongen, dë ê Médche ger hun! De Gendâr hât dohém zu Aasselburn dem Schëfer sei Schâtz a'geschloen, an elo iërgert de Schëfer séch, dass de Jang elei em de Gendâr ermelzt huôt.

J a n g. En hätt en, hâlen êch, lëwer fir séch sëlwer versuërgt. Ech konnt jo dât net richen! En hätt mer jo können de Mond vergonnen.

12. Optrett.

(Dë Vïérég, de Jacques an de Laplume vu' rechts.)

L a p l u m e. Dajé dajé, net mësseg gângen; wât stit der elei ze maulâfen?

J a n g (*onguëllég*). Ma 't ass jo wëer. Mer gin dé Zort elo och nach mat Hândschen upâken!

L a p l u m e. Wât pôters du do?

J a n g. Ech hun dem Schëfer eng Flôh aus dem Pelz geholl, an elo gët e méch derfir schânnen!

P i e r. De Jang huôt Becks Hibert erstach.

L a p l u m e. An du?

P i e r. An du wollt de Misch en duörfir ma'm Hâls huölen.

J a n g. Ech konnt jo net rôde, wât hië ma'm Hibert Sanns woar.

L a p l u m e. Wât gët et eis un, wât de Schëfer ma'm Becks Hi-art hât! Wann en nemmen duörwënt mat gänge wiër, dann hätt e können dohém bleiwen.

13. Optrett.

(Dè Viéreg. De Misch, de Jacques.)

Misch (*ou lénks op de Jang lass.*) Du Stéck Véh!
Esó rícht ên net emol en Dëer zó, geschweiges e
Mensch.

Laplume. Zess déch, Schéfer!

Misch. Git e kucken! En hát en zernetzelt, 't
huót ê gemênt, e wiêr vun den Honn zerrass. Den
ârmén Deiwel lóg um Buódem ze wëmeren, e konnt
net liêwen an net stierwen. „Schész méch död,
Schéfer, schész méch död!“ huót en an èngem viru
gerachelt; êch konnt et net më nôgesin, en huót ze
vill frêschléch ausgestânen.

Jacques. Du hátt's em sollen de Gnôdeschotz gin.

Misch. Êch hun em mei Gewîer . . . ah! êch
bréngen et net iwer d'Zong! . . . (*E werft sei Ge-
wiêr op de Buódem.*) . . . Eng Kugel an de Schlôf . . .
nach êmol gezéckt. . . .

Jacques. Dén ass gut erlést.

Laplume. 't mëngt ên, et dëng der nach léd
fir en? (*De Misch bekuckt en, ass wann en en net géng
verstoen.*) Jé, jé, mir gesi jo, wât déch gént d'Fran-
zöse gestéppelt huót. E Fráleitshôer zit më ewè e
Klacksel. Am Hêrz bass de jo dach frò, dass du elo
erem Gellégúodskenneche ges bei denger âler Freiesch.

Misch. Laplume! Hólles de dát erem! (*welt op
e lass, de Jacques hält en un.*)

Laplume. Gelt! Elo speizt en! E Grandkapp
ass nîrges më fénkerléch ass wè um Kapp! Kommt,
dir Jongen, elei hannen ass nach bestallten Arbécht!
(*of no lénks, mat dén âner.*)

14. Optrett.

(Misch, Jacques.)

Misch. Jacques, du kénns méch, zenter dass
d' op der Welt bass, êch hát mei Lîewe kèng Hêm-

léchkète virun der. Hâls du méch esó ènger Nider-
trächtégkêt emstand?

Jacques. Wât fir ènger Niderträchtégkêt?

Misch. Dass êch mat esó ènger helléger Sâch
de Gèck an de Noar méch, dass êch eise Glaw an
eist Hémécht fir weider neischt géng guthâlen, ass
wè mir derzô ze hellefen, dass êch mein Hâss a
mein Neid gént den Hibert kónnt ausléen?

Jacques. Tôpéche Jong, du hâts dát emmer un
der, dass de der de Kapp mat Sâche geplot huós,
iwer dë en âner d'Schellere gezugen hátt.

Misch. Dát ass vleicht, wèll êch emmer më
Zeit hát, ewè âner Leid, fir iwert mein Zóstand nôze-
denken. Fir wât kónnt mer dát Würt vum Laplume
net aus de Gedanken? 't ass mer virun d'Stîer ge-
schloe, wè eng Kugel. Wann e wiêrkléch Recht hátt!

Jacques. Eféllégkêt! Wò gêt en da' Recht
hun? Du kénns jo de Ferd. En ass ewénég richt
ewég an ongemidelt, ower e mëngt et sêlwer net
esó, wè en et sét.

Misch. Et ass méch schon elo 'tènescht a'gângen,
wè de Metty mer ennert den Hänn gestúorwen ass.
En huót méch bekuckt, wè wann êch derfir kónnt.

Jacques. 't soll ê soen, du wiêrs më weis.

Misch. Wann êch se net gestéppelt hátt, da
wiêren se vun Huschend vleicht erem hêm gângen.
Ower êch hát ewè en hëllescht Feier am Leiw.

Jacques. Ma mir âner allegúort.

Misch (*hallef fir séch.*) Hun êch net elo grad
eréscht zum Hibert gesót, zenter Mént a Mént hátt
êch drop gegeipt, fir em un d'Gurgel ze sprangen!
Jacques! . . . Ech kónnt net më liêwe wann dát wôer
wiêr wann de Laplume d'Wôrécht gesót hátt.

Jacques. Misch, êch mëngen, du fúobels.

Misch. Nân et kónnt en êmol alles beienân

éch. sin ewé ir am Kapp. . . . Éch wöllt, éch hätt geschlôf, an dat wîer alles nemme gedreimt!

Jacques. A watt! Elei ass séch neischt ze drêmen! Elei hêcht et séch gewiért.

15. Optrett.

(Dě Vîérég. Den Ditchen.)

Ditchen (*d'Hand an der Schip*.) Schêfer komm wéckel mer êng Lomp em dě Patt, 't ass mer êng Kugel durch an durch gângen. 't Lach ass net mē gröss ewé e Steiwer an et dēt esô hellèsch wé ass wîer et grêsser ewé êng Scheierpoart.

Jacques. Du gess dēch net, Ditchen. 't ass wûol, dāt âlt Holz brennt besser ewé dāt jongt.

Ditchen (*inverdém dass e verbonne get*). Maija, wât stit dir zwēn elei, d'Lûcht auszekucken, amplâtz no de Französen ze fletschen? Der braucht net ze daueren, 't sin der genug do.

Misch. An 't kommen der emmer më. A wa' mer s'och all erschêssen, et kann es dach neischt dēngen, mer geheien es nemmen desto më dēf an 't Ongléck.

Ditchen. 't mëngt ên, du wîers scho' rëlles.

Misch. Och nēn! Ma dāt soen éch: Dāt elei ass mënges neischt. Ech wîer lēwer um freie Feld mat Hurrah op se lass gângen, amplâtz elei mat e Stôppches ze spielen.

Ditchen. Do hûos de net Onrêcht.

Misch. Ewé dě ze Oârzfeld.

Ditchen. Ja, haut müssen s'am Gâng sin dě Seit der Our. Wö soll et do reizen?

Misch. Net rîcht, mei lēwen Ditchen.

Jacques. Hei, 't mëngt ên, du wész eppes më?

Misch. Den Hibert huôt mer geso' se wîeren zu Oarzfeld all vun de Französen zu Mujeie geschloen.

Ditchen. Deiwel! Dāt laut schlēcht. Bass de fiêrdég, Misch? Nu jé, mir können net dûorno kucken. Dén all Bâm fêrt, könnt sei Lîewen net an de Besch. (*E râft sei Flent op a probéert mat dēr wêer Hand unzelēn.*)

Lôsz kucken? Et gêt och nach mat ênger Hand. Hêng, du muss mer lûoden an d'Scheller dûorhâlen, fir unzelēn. Komm, mei Jong, dāt get më Frêd ewé elei den Dôppegêsser spielen (*of no lénks*).

16. Optrett.

(Misch, Jacques.)

Jacques. Komm, éch mëngen, da lanne bendt et!

Misch. Et woar mer grad, ass gëw éch mei schlēcht Gewessen hêeren.

Jacques. Fênk's d'erem un ze griwelen?

Misch. Ech gin es net lass! (*Verzeiret!*) Et ass jo wôer, dass éch ewé rôsen op hēm verlângereren, zenter den Hibert dōd ass; éch wîere mëch dergënt, ma 't dēngt alles neischt. An 't ass jo wôer, dass zenterhîer mei ganzen Hâss gënt d'Französen ewég ass, ewé ewég geblosen. . . . Dach, de Laplume hât Recht.

Jacques. Jé, éch hêeren, wann's d'esô ufânks, da' get et kên Enn. Huôt dēng Flent a komm!

Misch. Ech spiêren et, mëng ganz Eieren ass fort.

Jacques. Dajé, da' gin éch elêng: Dē Geschicht ma'm Hibert elo ênescht a ma'm Metty, dāt gêt der nô. Wann ên esô eppes vun no matgemât huôt, da gin êngem d'Gedanken durchenên. Schlôf emol driwer, da' wêrds de gesin, dass de der sêlwer Ongleich dés. Ech können dēch zevill gut dûorfir (*of rechts*).

17. Optrett.

(Misch elêng.)

Misch. Nēn, nēn! Du kénns mëch net, éch hu' [mëch sêlwer

Net kannt, éch hun net a' mein Hêrz gesin,
 Bis dass e frême Mond mer d'Wörécht sôt.
 Sei Wuort hüt mer an d'ennescht Sël geflicht
 Wë an der Nüocht et himmlécht iwer d'Héd
 An 't woar mer, ass geséch éch, wë éng Schlang
 Aus éngem schwärzen Dempel mei Gedanken,
 Mei schwârze, gottverbüdene Wunsch erop
 Séch réngelen, séch woen un 't Dâglicht.
 Ha! Schëfermisch! Fir 't Land a fir de Glaw
 Hüt du dë âner an der Död geféert,
 Se leie mat zerschossene Käpp am Grâs,
 An du verlângers hêm! — wât leit der drun
 Wann dë dohêm déch honnert Mól verfluchen!
 Du sész: Wât kann éch dann fir hirt Ongléck?
 Se hun et jo gesicht, esö gud ewë éch,
 Si si' fir 't Land a fir de Glaw gestüorwen...
 Ech sin dervu' komm — dat ass éng Gerôt!

Du hûos gefrôt: fir wât dann eiser Herrgott
 Séng Hand vun sénge Leiden ofgeschloen,
 Dë dach fir séng Altâr gestriden hun?
 Wësz d'et elo? Et woar e raudégt Schôf
 An hirem Trapp, fir dat si musse bészen.
 Lé d'Hand op 't Hêrz: Wîer dei Französenhâss
 Sö well an 'sö ondugen da' gewîescht,
 Wann net dën ên, dën der dei Gléck gestuol,
 An de franzésche Reihen hätt gestânen?
 A wësz d'elo, fir wât's d'op hêm verlângers,
 Ier déch dë Kugel treëft, dë's de verdéngs?
 Fir wât's de déng onschellég Komerote
 Mat schëne Wîerder an den Död geschléft?

 Ah! 't ass net wôer! Ass kê bei nach no
 Fir mer ze soe: Schëfermisch, du dréms!

 Wât kuckt der méch mat ère glîesen Aen?
 Wât donkt der d'Löppen trotzég ausenên?
 Wât weist der d'Zänn, ass wöllt der méch verfluchen?
 Dir sit gefall fir 't Ilémécht an de Glaw!
 Löszt méch a Röh, éch sin net ère Merder!

Gënt séng Gedanken hüt de Mensch kèng Hellef!
 E kann am Besch séch gënt de Wollef wîeren,
 Gënt rôsen Honn — ma net gënt séng Gedanken.
 A wann éch honnert Joer lêwe gév, éch wësz
 Èr Ae gi' mer nô, wûor éch och kucken,
 Èr Stemm klénkt mer am Ouer, Dâg an Nüocht —
 Sit rôhég! Jo! Ech kommen och! éch kommen!
 (*Et héert ên hannert der lénker Kuliss vu weiden
 Trompetten an Trommen, Stimmen durchenên, Flente-
 schetz.*) Wât ass dat?

18. Optrett.

(De Misch, de Berens, de Laplume, de Jang, Ditchen,
 vu lénks.)

Berens (*vu lénks*). Komm, Schëfer, et ass dach
 alles verlüore Mëh.

Laplume. Mer könnten es nach en Dâg oder
 e pûor erhâlen, ma um henneschten Ènn si mer dach
 e Vull fir d'Kâtz.

Jang. Se kommen am hëllen Trapp d'Gâsz
 eran.

Ditchen. Ech mängen och, 't Bëscht ass, mer
 botzen 't Blât.

Berens. Ech hu kê Kérche Polfer më am Hûor.
 Kommt, Jonge, mer hun eist gemât. Elo könne mer
 nach soe, mer zëhen es gutwellég zeréch.

Laplume. Dajé, Schëfer, gëhs de net mat?

Misch. Git, éch bleiwe bis de lëschten.

Laplume. Aha, du wësz, wât éngem Komme-
 dant zökönnnt. Ma saum déch net ze lãng, ewëll wë
 se miêrken, dass et net më knãlt, da wërden se
 geschwenn hei sin. Eddi dann! (*of no rechts mat dën
 éneren.*)

10. Optrett.

(De Misch elèng.)

Misch. Eddi! (*d' Trommen an d' Trompetten komme mé noh. En Amènt ass et, ass wöllt de Misch de Franzosen entgènt stürmen.*)

Fir 't Land a fir . . . (*d' Wierder bleiwen em am Hals stiéchen.*)

Ha! ass 't eló sö weit,
Dass éch mat énger Ligen op der Zong
Soll stierwe goen, an de Leide weiss ma'n,
Ech wíer ass brave Jong gestúorwen! Ech!

(*Trommen, Trompetten. Et héert é vu-weidem d' Marseillaise sängen. Nach émol ríft de Misch séch op, pákt séng ílent a wöllt séch de Franzósen entgènt werfen; da stézt en 't Gewiér vun séch.*)

Du brenns mer an den Hänn! All Schotz, dén éch
Nach aus der dèng op éngem Feind sein Hèrz
Wíer jo en Dódschlág. (*d' Marseillaise kóntt mé no.*)

Ha! Mat Sank a Klank
De ríchtégen Zaldotendód ze stíerwen,
Dát ass e Gléck! Dát woar mein Drám! An haut!
Mat eidlen Hänn a schellégem Gewossen
Gin éch an 't Gráw, ass gèng éch un de Gálgen!

20. Optrett.

(E franzéschen Zaldot stírtt eran a schlét op de Misch un; en âner fällt em an den Aarm, lét dem Schéfer d'Hand op d'Scheller a rift)

Zaldot. Je te fais prisonnier!

(*Den Theater fellt séch mat franzésch Zaldoten, dé d' Marseillaise sängen.*)

(R i d e a u.)

IV. Akt.

(*Uowen op Fort Olizy. Am Fong geseit én durch d' Bém e Stéck Festongsmauer mat énger schmúoler Dir. Vir um Enn éng Bènk.*)

1. Optrett.

(De Misch, éng Scheldwúocht; de Misch setzt op der Bènk ze neípen.)

Scheldwúocht. Armen Deiwel! Wé geseit en. eraus! Dá's ké Wonner! Wann é 5 Mènt lang an dén deischtere Casematten do niden a'gespárt setzt, da' krit é spítzéch Bâken.

Misch. (*Ervécht. Iwerdém zét d' Wúocht séch e puor Schrett zeréck, fir en net ze stéeren.*)

Alt erem en nei't Gesicht! Géwen s'èngem é Mol erem éng Scheldwúocht, mat dér é kóntt e Wúort schwätzen! 't ass, ewé wann én séch sèlwer géw opziéren!

Démols zu Clíerf am Dëeregárd, do hun éch gemént, 't Stíerwe wíer esó licht! 't ass net wóer, der Dód ass licht, ower 't Stíerwen ass schwéer. Mént a Mént láng teschent fichte, schwârzen, dompége Fíelze setzen, emmer an dem Gedanken, dass ké Wé doeraus fëert ânescht ewé op de Kirfêch, . . . esó hát éch mer d'Stíerwen net virgestallt.

Scheldwúocht. (*Erem aus dem Fong.*) Gudden Owégt, Schéfermisch.

Misch. Hei, wó kénns du méch?

Wúocht. Ech hun déch gut kennen. An der ganzer Stát Letzeburg wész all Kand, dass de Schéfer vun Aasselburn elei op Fort Olisy an de Casematte gefänge setzt. . . Félht der eppes?

Misch. Ma éch sin dè lèscht Zeit esó erkált, et dét éngem wirkléch gut, séch dè móll Mésönnechen op de Réck schéngen ze lösen.

A wúor hëst du dann?

W u o c h t. Ech? No Woltz. Elo déngen éch am 6te Mònt. Ma 't ass fir 't észcht, dass éch hei úowen d'Wacht hun.

M i s c h. 't ass schön hei úowen. Se müssen et dach nach ewèll gut mat mer mēngen, soss krít éch net erlabt, méch eraus an dē gut Sonn setzen ze kommen. Virmettes ass et mer nach léwer, da schéngt se grad do iwer op d'Stát. . .

. . . Kuck, Woltzer, vun elei geseit én op de Galessi virun der Neipoart — wō dē áner erschoss si gin.

W u o c h t. Soll éch der déng Bēnk vleicht en-zwúor ánescht réckelen?

M i s c h. Och né! Mēngs de, dát gēw méch éllenen, ass éch elei all Dág d'Plätz virun Aen hun, wō éch och den Dōdsstréch soll krēen? Am Ufank hátt et méch vleicht gegrujelt, éch wēsz nach, wē éch ze-summe gefúor sin, wē den áchte Januar eis árne Jongen, dē mat zu Clíerf woaren, erschoss si gin a wē éch d'Sáiw bis eriwer an d'Casematte gehéert hun. Ma elo sin éch dúorgēnt ówgehárt.

W u o c h t. Ech hu gesin, wē s'ausgefēert gōwen. D'ganz Garnison woar ennert dem Gewíer, mer gesōchen d'árm Kérelen durch d'Grōszgáss kommen, bléech ewē en Duch allegúor, ma'm Rōsekranz an der Hand, d'Tromme si gāngen an hannen dru' kōmen d'Leid bíeden a kreischen, ewē mat énger Leich, — an 't woaren dach léwég Menschen, blud-jong Borschten, dē se dorausser gefēert hun. A wann éch honnert Joer ál gēw, éch vergēsen dát net.

M i s c h. Verziel virun: Wivill woaren et hírer?

W u o c h t. Ech hun der síwe gezélt, de Göres vu Reiler, dē zwē Reilanden an de Boraine vun Huldang, de jonge Foxius vu Benzelt, de Reiffer vun Huséngen an de Lorenz vun Huschend, Den Zergeant, dén hát solle Feier kommedēeren, ass knall a fall schwách gin, esō hát en séch entsát.

M i s c h. Ech hun des léscht éng W o c h t der áner

gehéert verzielen, 't wíer och én net op den észchte Schotz bliwen an e wíer erem opgesprongen.

W u o c h t. Dát woar éng áner Kēer, dat woár de de Puckesch vun Eisebách. Dē áner woaren all getraff, híen eléng hát kēng énzég Kugel krit: se hu' missen éng zwēt Charge gin. Duorno hun se kēng mē erschoss, dē áner gōwen all gekáppt. (*De Misch setzt séch op d'Benk a fánkt un ze drēmen*). Ech hun elo éng Dommerei gemát, éch hát dém árne Kérel dát alles net solle verzielen.

2. Optrett.

(Dē Vierég. De München.)

M ü n c h e n (*vun éngem Zaldót bis op den Theater beglét*). Guden Owégt, Schéfer.

M i s c h (*luclet op*). Ah, guden Owégt Hár Pasch-töer. Wát bréngt der Guds?

M ü n c h e n. Emmer dát ált. (*E setzt séch bei en op d'Benk*). Huós de déch emmer nach net ánescht bedúocht?

M i s c h. Der mēngt et gud mat mer, Hár München, an et dēt mer léd, dass der esō vill Mätzleschgāng wēnt ménger musst máchen. Ower éch kann net ánescht, éch kann émol net ánescht.

M ü n c h e n. Ech hun erem éng Kēer mat den Häre vun Gericht geschwát, se wōllen der es wíol. Iwréngs können se der weider neischt nōsoen, ass wē dass de dei Gewíer op hírer Gendarmen én ofge-brannt huós. An do brauchs de nemmen ze soen, du háttis de Gendárm net gér geschoss, da kōnns de frei.

M i s c h. Net gér geschoss, dát kann éch net soen; éch hun e geschoss, well en zéwill ausgéstán húot a well en dach net mē dervu' wíer komm. Dát wesst der jo.

M ü n c h e n. Follég mer, mei Jong, a so wē si et gár hätten, soss können se déch ongmigeléch freispréchen.

Misch. Ech soe jo, éch well net freigesprach gin! Wë këm éch hém? Dë ârm Jongen, de Metty, de Chârel, de Pier, all hun se mussen dru' gléwen, dë âner si gefângen an erschoss oder gekâppt gin, wivill Haus sin dohém, wô se mussen traueren? An éch, hiren Opwiggeler, soll eléng mat hêler Haut dervu kommen! Ech misst méch jo schummen, ewë e Killéhdëw virum ganzen Dúorf.

München. 't sin der over vill freikomm, dë mè um Gewessen hâten, ewë dir âner.

Misch. Dë hun séch erausgelugen.

München. Wïe sét der dann, du solls léen?

Misch. 't ass wuol net rîchterâ' gelugen, a wa' mer vill dru' lég, fir erem eraus ze kommen. . . .
Over esô! . . . Nën, éch kann net. Gléwt mer, Här München, et fällt mer schwëer genug. Over mei Rîchter setzt net do iwer an der Stât, dé setzt elei a' ménger Broscht: An dé lézt net mat séch moarten. Ech hât jo en halleft Joer Zeit, fir en emzesétzen, a wann éch gemént hun, e wïer mer gut, dann huot et am Enn dach emmer erem gehêsch: Du muss stierwen! . . .
Dach, Her München, dir wesst net alles! An ôné dém, wât mâchen éch elo nach op der Wêlt? Hém gin éch net më, nô Aasselburn krit der méch net më më ânescht ewë mat de Fësz vir. An dât Land durchstreifen, dât emol eist Land woar, Dâg an Nüocht an dem Gedanken, vun de Reiber vun eiser Hémécht hât éch mer 't Liéwe schênke gelôsz! Nën! Ech hu' këng Hémécht më a këng. . . . (e beiszt séch op d' Lôppe fir net ze kreischen.)

München. Dëng Hémécht ass nach emmer, wë se woar, an du huos éng âl Mamm dohém. . . . (de Misch lét 't Gesîcht an d'Hänn a kreischt). . . du bass nach vill ze jonk fir no'm Dôd ze verlângeren.

Wuocht (köunt aus dem Fong mat énger Straus Gînzebléen). Hei, Schêfer, huos d'èng Straus Gînz. En ass wuol net aus dem E'istéck, ma e richt wëtten éch grâd esô gud, ewë wann en op () Décrbécher Héd gepléckt wïer.

Misch. Dankéch, Woltzer! (En drécht 't Gesîcht an d'Straus.) Mamma! Wë gut!

(E steipt de Kapp an d'Hänn, de München an d'Wuocht zéen séch zërêck, fir en net ze stéeren.)

Oh! Êmol nach erem dohém ze sin!
Du lëf giel Blimchen! Du kanns net derfir. . . .
Wann éch déch kucke, get mer 't Hferz esô schwëer,
Ass hêert éch éng hémlech, hémlech Stemm
Dë aus dem E'istéck gëng eriwër klenke
Bis a' mei Prisong, fir méch hémzelacklen.

O Mamm! Elo ass dohém eis ganz Gewân
Esô weit de Bléck rêcht, giel vu Gînzebléen,
Dë lichten iwer d'Héd am Sonneschëin,
Ech mënge grâd, et wïer op Sonndesmôrges,
Ech sész dobausse stell bei ménger Hêrd,
Mëng Schôf gin op der Wêd, an d'Klacke lauden,
A wann éng Loft vum Dúorf eriwër köunt,
Da lauschtren éch, wë s'an der Massenzeit
De Crédo sängen an den Tantum ergo.
Dann ass et grâd, ass wïer dë ganz Gewân
Lëng grösség Kîrch — kë Blêfêche rêert séch,
Kën Hallem, grad ass wïer et an der Wandlong.
An iwer d'Héd, amplâtz de Weirâch, schwîewt
Den Doft vu Milliône Gînzestreiss.

Mei Phyllax köunt séch mer zu Fësze kuschen,
E lét de Kapp mer op de Schôsz a kuckt
Méch u' mat sänge guden, treien A'en.
O Mamm! o Mamm! Soll éch dann alles dât
Verlônze misse fir all Ewëgkêten!

Këng ênzég Këer më mein Dúorf gesin,
Kémol më d'Héméchtslacken hêere lauden,
Kë Brôd më éssen, dât mëng Mamm gebâk,
Kémol më op der Sidel, an der Ucht
Mat gude Frenn dohém zesumme setzen,
Kémol mëng Schôf më hide', kémol më
Mer d'Hänn vu' mëngem Phyllax lécke lôszen!

O Godd, o Godd!

M ü n c h e n (*könnst a lét em d'Hänn op de Kapp.*)
Kreisch déch aus, mei Jong, da get et der më licht!

M i s c h (*höllt de Münche mat den Hänn*). Ech hu'
gemënt, éch hätt öfingerécht ma'm Liëwen, an elo
huöt esö èng àrm klèng Ginzeblé méch ganz op
d'Kopp gekéert.

M ü n c h e n. Follég mer, Schëfer, a mách ewè
éch der geroden hun. Kuck emol, fir wät solls du
da muttwelles dem Liëwen Eddi soen, an déng àrmen
àl Mamm. . .

M i s c h. 't ass gud, 't ass gud, péngégt méch net
weider, éch well méch bedenken.

M ü n c h e n. Dát ass gerôden.

3. Optrett.

(*Dé Vièrèg, dann 't Ketty, de Jacques, 't Grétchen.*
Iwerdèm de Misch dé folgend Wièrder schwätzt,
geseit èn dé drei am Fong erschéngen, en Zaldot
weist en de Wé fir bei de Misch eróf. De Jacques
an 't Ketty comme luos nô vîr, 't Grétche bleiut
nach hanne stoen.)

M i s c h. (*Nô ènger Paus, wó en séch beduocht*
huot.) Wann èn et recht betruócht, fir wät soll éch
dann och net könne soen, éch hätt en net gèr er-
schoss. Éch si jo net Schold un séngem Dôd, a
wann et mir no'gänge wièr, da gëw en nach haut
Liëwen. . .

M ü n c h e n. Plô der elo de Kapp net mat déne
Kriwlereien a mách, wè éch der soen. Soll éch dénger
Mamm können Zeidénge schécken ?

M i s c h. Ménger Mamm! Ménger guder àler Mamm!
Éch mängen, éch geséch se viru' mer, wè se. . .

K e t t y (*ass an dèr Zeit bis erbei komm a rift.*)
Misch!

M i s c h (*spréngt op, dem Ketty em den Hals*). Ketty!
(*En hält et èng Second vun séch ewèg fir em gud an*
't Gesicht ze kucken.) Ketty! Könns de vun dohém ?

K e t t y. Oh! Se verlängert nô der, 't ass net des
So'es. (*De Misch get net mid, et ze belucken.*) Misch,
elo stët nach èn. (*De Jacques könnst mé nô.*)

M i s c h. Hei de Jacques! Ma dát ass schön, dass
du méch och mat besiche könnst.

J a c q u e s. Majja, 't huöt Mëh kascht ièr éch de
Verlëf krüt. Et huöt grad misse fir esö èng Geléen-
hët sin.

M i s c h. Fir wät fer èng Geléenhët?

J a c q u e s. Ketty, so em et!

K e t t y. Sô du et!

J a c q u e s. Abé do, Misch, mir zwè hun es ver-
sprach.

M i s c h. Ass et wöer, Ketty! Du an de Jacques?

J a c q u e s. Jo, zwè àrm Dölëneschkanner. Du
wësz, d'Französen hâte méch och gepetzt, a' mei Papp
huöt misse méng ganz Dél drunhänke fir méch lass
ze krëen. Et woar e Gléck, dass éch dem Conz dé-
mol esö beigespronge sin, dén huöt fir méch geziehen.

Elo musse mer kucke wè mer es erdürch klappen.
Ma nujé, eiser Herrgott wësz, wät e mécht. Wièr éch
net em méng Dél komm, da wësz kê, wè et mat es
gänge wièr an op dè Këer 't Döppeche sein Déckelche
fondt hätt. Ert Ketty sét jo, et hätt kèn décke Bauere-
jong wollt, an 't hél méch nemme well éch elo àrm
sin ewè èng Kirchemaus.

K e t t y. Tôpert, mer wërden es schon eruwere,
wät mer brauchen.

J a c q u e s. Ech hun nach dèr àler Mattanten dô-
remmer, dè e puor Steiwer an hire Strësäck verstoppt
hun, vleicht stüerwt es dèr èng zu geléener Zeit.

K e t t y. Hälls de stell! Dát sin dénger Neisch-
notzégkëten, dè's d'op de Schole geráft huos!

M i s c h. A wënë wöllt der da' viru' máchen ?

K e t t y. Ja, mer wollte warde. . .

J a c q u e s. Bis déng Säch erdfürch ass.

K e t t y. Du muss dach op eis Hôchzeit kommen!

M i s c h. Sit der dés esö sicher?

J a c q u e s. Wât èng Rîed! Se könne jo net ânescht, ewë déch freisprêchen. Ech hun nach haut de Müorgen an-der Stât allen Enne gehëert, du miss lasskommen! Dë 5 Mént, dës de hei an de Casematte gebrommt huos, dat wërd Strôf a Mass sin!

M ü n c h e n. En huôt et an der Hand, fir sôch sëlwer lasszespriêchen.

J a c q u e s. Abé dûorfir! Wënë mëngs de dann, dass mer könnte bei den Hër goen?

M i s c h. Wât sot dir, Här München?

M ü n c h e n. Lösze kucken? Iwermoarkönns de vir... Wârt lëwer nach esö lãng, îer der eppes ôfmãcht.

M i s c h (huôt sêch an dër Zeit erem op d' Bënk gesât.) Kanner, êch mëngen, esö e glëcklécht Pûor ewë dir gêt ê weit sichen. Et brauch ên êch nemmen an d'A'en ze kucken.

K e t t y. Luow mer en alt net zevill!

M i s c h. Wann alles gãnge wîer, wë et hât sollen... Wât huôt dann... wât mécht dann... 't Grëtchen ewëll? (de Jacques wënk dem Grëtchen an de Fong)... Huôt et vill gekrasch... fir sein...

G r ë t c h e n (dem Misch zu Fészen). Misch! Misch! Verzeih mer!

M i s c h. Grëtchen! Grëtchen! (e greift no em, fir et opzëhiëwen, et strëckt béd Hänn aus, fir en ôfzëwiëren.)

G r ë t c h e n. Net Misch! Net méch u'pãken!

K e t t y. Et wollt mat Gewalt mat komme, fir der Eddi ze soen.

M i s c h (geschlôn). Eddi ze soen? Aha!... Gësz de fort?

G r ë t c h e n (no ènger klënger Paus). Weit fort!

An êch wollt net goen, îer êch der Verzeichnëss gehësch hätt, wëlls de esö vill durch méch huos missen ausstoen.

M i s c h. Wât soll êch dir da verzeien? D'Lëwt dë zwéngt sêch net. Du konn's jo net derfir, dass d'en âner lëwer krûts, ewë méch... Mir sin zwë ârem Kanner allebéd... Dei Freier leit am Grãw... a mëng Freiesch ass och scho lãng esö gud ewë begrüowen!... Mëngs de net, Grëtchen?

G r ë t c h e n. Du konn's méch jo net më gër behãlen, wë êch et esö mat der gemãt hun!

M i s c h. Lösze mer net dôvu schwätzen! (Paus.) 't wîer-zevill schë gewiescht! Ech hât es schon èng Plãtz ausgekuckt am Enn vum Dûorf, fir es en Heis'chen ze baue mat èngem Gärtche virdrun, do hãtte mer en Hfëlenterstæck drã gesât, a Pëllemlãscht d'Wé'en, a Goldblumme vir an 't Gelãnner... (en zët d'Grëtche bei sêch op d'Bënk)... Grëtche, wann êch frei kommen, ... an 't wîer alles vergësz... iwer 't Joer — oder zwë, wann's de wölls... (en hölt et mat den Hänn), mer mächen e Strëch ennert d'Vergãngenhêt, mer lösze luos dë Wonnen hëlen, dë 't Liëwen es geschlo'en huôt, a' mer gin aus zwë onglëcklécher, zwë glëcksëlég Leit ('t Grëtchen huôt em luos a luos nôgin, ma an dem Ablëck, wó et mat sèngem Kapp dem Misch sèng Scheller berëert, fîrt et an d'hé Lãcht, sèng A'e sti gröss op wé an ènger Dôdangsch).

M i s c h. Grëtche, wât ass der?

G r ë t c h e n (reisst sêch lass). Eiser Herrgott verzeih mer! (Stîrt fort durch dé recht Kuliss.)

4. Optrett.

(Dë Vierég, ôni 't Grëtchen.)

M i s c h. Grëtchen! (E stiërt em èng Weil no, wë ugewuôs, op êmc verft e béd Hänn an d'Lãcht, wë ên, dën am Ennergoen no èngem Strëshallem nënn wëifen)

da stézt en e fréschléche Krésch aus a fällt zeréck op d'Bènk.

Jacques. Dát ass d'Fielzen owgesprongen. (*Léft em no-*)

Wúcht. (*Ríft dem Jacques no.*) Lénks hannert dem Rampart gèt e Pád! (*De Münche léft och dem Grétchen zu Hellef.*)

5. Optrett.

(Ketty, Misch.)

Ketty. Misch! Komm zó der! Misch!

Misch. Wö sin éch? Wát ass?

Ketty. Oh Misch? Wát en Ongléck!

Misch. (*Stíert èng Zeit lóng virun séch.*) D'Fielzen erow! . . . Freiwéllég an den Dód! . . . Elo kris de d'Blumen op dei Grâw . . . op eis Grêwer . . . Ewèll ass alles aus a verbei . . . viru' mer ass alles schwârz! . . .

Ketty, méng Mád, lét es dohém an en Eck vum Kírféch niéwen enén, . . . du wész dén Eck hannert der Kírch, wö d'Brennesseln an d'Sonneblumen durchené stin, a wö kên âner wellt hi' leie kommen! Wa' mer es dann um Erdbüodem net konnte kréen, da komme mer dach ennert dem Büodem zesummen!

Ketty, Misch! So neischt esö! Dát muss d'alles vergése léeren! Du bass nach net fir ze stíerwen!

Misch. Soll éch nach viru léwen? Fir wát? Eiser Herrgott huót séng Hand schwéer op mer leien. Fir méch ass dach ké Gléck më op deser Welt. Ech hát ên Amént gehofft, et könnt nach alles gut gin, over ewèll gesin éch, 't woar vergéwes. Méng Freiesch ass dód, an eist Land ass a fríemen Länn! . . . Oh dë Fríem, dë un allem Ongléck Schold sin! Wíer éch frei, 't ganzt Land géw éch durchstríewe, búorbes wann et misst sin, fir all Dúorf erem gént s'opzewigelen; se missten eraus, oder et b' y ké Letzteburger më zu Líewen!

6. Optrett.

(Dë Vierég. De München an de Jacques bréngen 't Grétchen erân.)

München. 't ármst Kand! Et huót de léschten Othem gezuge, wë mer et font hun.

Jacques. 't huót nach émol d'Aen opgeschloen, séng Lóppen hu' geziddert, a wë éch em 't Ouer bei de Mond gehâlen hun, du hun éch weider neischt më verstânen, ewé „Misch! Misch!“

Misch (*op de Knée virun der Leich*).

Do lei's de, wë am Schlóf! Nach ass dei Mond

Esö rôd a wârm, ass wë en démols woar

Wë's de fir 't éscht mer sôts: Ech hun déch, gér!

Nach méngen éch, wann éch déng Hänn emspânen,

Se wíere liéwég, an éch könnt s'erem

Am Hauchen teschent méngen Hänn erwíermen. . . .

De Kuól, dén aus dem Feier fällt, vum Hêrd,

Bleiw't och nach wârm, wann e schon net më licht

A wann e schwârz an dód um Büodem leit

Déng Glöss ass aus: Èng Weilchen nach, da sin

Déng Hänn, déng Lóppe kál a bléch, ewé Wuós,

Da lei's de stell op dénger weiszer Bór,

E Rósekranz durch d'Fangere geschleppt,

Zu Fész e Glas mat énger Pällemstrauss

Fir déch zum Eddi iwer 't Kreiz ze sé'nen,

An e puor Kérzen an e Kreizerféx!

Elo ass et grad e Joer, op den Dág,

Du gönge mer zesummen iwer d'Héd.

De Ginz woar an der Blé; éch hát èng Streis'chen

Um Wé gepléckt an teschend d'Zänn gestach,

Du sôts d'am Lâche: Misch, gef mer dë Blimchen,

Ech géw se gér a mei Gebíetbuch léen. —

Dát woar de léschten Dág vun eisem Gléck!
Dát fríemt Verdrífness, dát eist Héméchtland
Vergeft, dát huót déch an den Dód gedriwen,
An op der Hímel Erd a Welt ass neischt

Fir méch elo mé liwég, wě mein Háss
 Gěnt dē, dē dein a mein Ongléck verschellt.
 A wann éch stérwe wollt: Elo muss éch liwēn!
 En Háss ewě mein gēw och am Grāw net schlōfen!
 Hei op déng Leich, op déng gebrachen A'en,
 Déng wūossen Hänn, do dongen éch den Eed:

(*Spréngt op.*)

All Othem, dén éch zēen, an all Schréck
 Dén éch nach dun, all Kráft dē méngen Armen
 Nach bleiwt, all méng Gedanken, Alles, Alles
 Dát ass vun haut un nemmen drop gericht
 Dē Frēm bis op de Léschten aus dem Land
 Eraus ze jō'e, bis den Himmel flámt
 Vun eise Frêdefeirn, úochter 't Land
 Wě Sonnenopgank — oder bis eis Héd
 Dē léscht Dreps Blut vun hîrem léschte Kann
 Gedronk huót! — Eiser Herrgott stē mer bei,
 Dass éch dát wōer máche, wát éch schwîeren.

München. Gott sé'nt kēn Eed esō, mein árme
 Jong!

Gott sé'nt de Friden, ower net den Háss.

Misch. An dach! E muss! E kann es net ver-
 lösen!

't sin séng Altär, dē mer verdédégen,
 Séng Dénger sin et, dē es hire Ségen
 Mat op de Wé hu gin.

München. Éch wész, mei Jong,
 Dass èr Paról gehésch huót: Fir de Glaw!
 Da kuck méch un: Hun éch mei Glaw verrōden,
 Well éch de Friden ennert íech gepríedégt
 An net de Krig, mat dém der alleguört
 Ech huót ongléckléch misse máchen?

Misch. Nēn!

Dir follégt èrem Hérz, grad ass wě mir.
 Dē èng si fir ze bfēden, an dē áner
 Fir dranzeschlō'en! An esō bál éch frei sin
 Gin éch no Wampéch, éricht bei de Lamperts,
 Dén ass am Bond mat E'istreich, an é muss

Mer hellefen, vum E'iszléck bis op d'Musel
 Am ganze Land all Bauer an all Bîrger
 Opsétzég máche gēnt de frîemen Zwank,
 Bis op e frêe Múorgen d'Stonn geschlō'en,
 Da sti' mer op, da lauden d'Klacke Stûrm,
 Dann dreuwe mer de Frîemen iwer d'Grenz!
 A wa' mer dann erem op d'Grîewer kommen
 Wō all dē schlōfen, dē aus Léft fir d'Hémécht
 Hirt Blut vergoss, da könne mer e sō'en:
 Schloft rôhég, Jongen, bis de jéngster Dâg,
 Der schloft erem a letzeburger Bûodem.

(Paus.)

Jacques (*zum Ketty, mat dém en iwert dem Misch
 sénge léschte Wiérder Zêche gewiészelt huot.*) Soll éch
 em et sō'en?

Ketty. Dát vum Lamperts? 't ass vleicht 't Béscht.
 Da geseit e gleich, dass op neischt mē ze zielen ass.
 Jacques. Misch, du huos elo gesot, du géngs
 wölle bei de Lamperts nó Wampéch.

Misch. Majja.

Jacques. Schlō der dát aus dem Kapp.

Misch. Fir wát? Ass en dōd? Oder gefängen?

Jacques. Nēn, net dōd an net gefängen.

Misch. Éch verstinn déch net. Du méngs dach
 de Paschtöer Lamperts vu Wampéch, dén. . .

Jacques. Dén am Bond mat E'istreich soll sin,
 wēs de sész, an dén de léschten Hiérscht d'Baueren
 esō op d'Französe gehetzt hât.

Misch. A fir wát méngs de dann, dass éch méch
 elo net mē soll können op e verlōszen?

Jacques. Wēll en e Sonndég de Múorgen, virun
 der Hómass zu Wampéch, bei zwē Gendarmen am
 Dúorfscheffen, a virun all sénge Poarkanner vum
 Príedégtstull erow feierléch geschwúor huót, en hât
 sénger Liéwe ma'm Klöppelkrig neischt ze di' gehât.

Misch. Un hât sénger Liéwen. . . Jacques, nēn,

dát ass net, dát kann net sin! De Lamperts, vun dém alles ausgöng, dén alles an d'Wier gedriwen huót, dé geschwûor hât, e gëw net röhén an net raschten, bis de léschte Franzôs aus dem Land gejôt wîer... Nê, so 't wîer net wöer, oder d'héllég Schreff ass falsch!

M ü n c h e n. Dach, mei Jong, en huót et gedun! En huót geschwûor, en hât sei Liéwe ké Brëf zu Gonschte vun der Klöppelarmé geschriwen.

M i s c h. Habaha!... Ewell ass alles aus a verbei! Schêfer, Schêfer! Dât ass Gottes Hand! Êch ârmen Erdwürm wollt méch steipe gënt dén, dén Hâr ass iwer Död a Liéwen! 't geschitt mer mei Recht! Elo wêsz éch erem, wât éch ze din hun.

M ü n c h e n. Schêfer, verhâl, wât's de mer versprach huôs! An denk un déng Mamm!

K e t t y. Misch! Wât huôs de welles?

M i s c h. Gë, Ketty, mách mer 't Hêrz net schwêr. Jacques, schwätz du mat ménger Mamm! So, éch könn't net ânescht, se soll mer verzeihen, ma wann éch erem liéwég hém këm, so' zö er, da wîer éch jo net wërth, dass se méch gezillt hât. Behâlt éch gër, allebé! Eiser Herrgott hâl éch dát Gléck ze gut, dát 't Liéwe mir schellég ass bliwen.

J a c q u e s. Wann et dann net ânescht ass, eddi Misch! Ma êmol muss éch der et soen, îer éch gin, éch hât a méngem Liéwe ké Mensch lëwer ewë déch! An et wellt mer êmol net an de Kapp, dass du elo solls musse stîerwen!

M i s c h. Dach, éch well an éch muss. Frót méch net weider, éch kann dát alles net esö klor ausdrécken, wë éch et spiéren, ower mei Wé ass nun un Enn. 't ass eppes a' mer, dát méch an den Död dreiw. An esö sicher, wë d'Sonn net op de Schied ka'schéngen, esö sicher wêsz éch, dass éch keng frö Stonn méh hât, wann éch zu Liéwe blëw. Ech kommen erécht a' mei Frid vun der Stonn un, wö mein Urthel gesprach ass. (*De Jacques an 't Ketty kreis* 77.)

Kreischt net fir méch, mei Léd ass bál gedoen. Êch hu keng Bång virun der léschter Stonn! Méng Rechnong woar scho' láng an d'Reih gemât, A kónn't elo de léschte Stréch derenner Dann dént: Den ârme Schêfermisch woar láng Schon ôfgestûorwen, îer en um Schaffot Sein Hâls dem blanké Beilen dûorgehâlen.

Oh Frëhjahrssonn! Schéng du mer op mei Pád A komm mer nach mat hêlle Feierblummen De léschte Wé zu méngem Grâw bestré'en! Et stîerwt séch schön am wârme Sonnenlicht! Do spiéert der éch net méh um Bûodem klîewen, Do get éch d'Sël sö licht a frei a frank Ass wann s' e Stéck vun bloen Himmel wîer An hém no'm bloen Himmel göng verlâng'ren!

Dë Deischtet, dé an der Gefângenschâft Méch Nuocht an Dâg engöf, dé huót mer d'A'en Geschêft, fir a' mein égent Herz ze kucken; A wö éch nun dem Död an 't A gesin, Wêsz éch erécht, fir wât éch da' gi stîerwen, A wât et Schold ass, dass éch lichtgemut Der schwârzer Kirfêchsdîr entgënt ka' goen. Dir wesst et jo: Am lëwste stîerwt ên emmer Fir dát, wat ên am allerlëwsten hât!

A wât op deser Erd éch fir ké Geld A fir ké Preis hât gin, dát woar méng Hémécht! Mein Héméchtland! Êch liéwen an éch stîerwen Fir déch! Fir déch eléng! — Erennert. îech Wë 't Blud es an den Odern huót gekacht Dass mir, dé fritléch Bauern, éch, de Schêfer Dé kés eng Flent un séngem Bäck gespîrt, Dén hannert sénge Schöfe sôsz ze drémen, Mat dem Gedéesch op der Héd, de Blumen Ze schwätzen, ass wë wann se méch versténgen, Dass éch op Mensche, wë op röse Wöllef Mat Fauscht a Flent a Fluch méch lassgestîrzt!

Haut wêsz éch ðol, mer woaren iwel b'richt. Mer woare wë de innen Fochsch.

An eise Bescher, op der Héd do úowen,
 Dé mat Gewalt séch un de Büodem klámert,
 An dén entwürzelt, bis an 't Müorch gekrächt
 Dem Sturemwand am Lenz huót misse weichen.
 Am Lenz! De Stürmwand dén am Lenz gédauscht!

.

Dát ass e Wuört! Ewë e Kérche Sóm
 Ass dát mer lúos a lúos an de Gedanken
 Erop gewúos a ménger Prisonszeit.
 Elo verstin éch et: — Dát woar de Stûrm,
 Dén huót der Menschhêt hire Lenz verkennégt,
 A wë de Lenz, mat Rauschen a mat Dauschen,
 Esö huót d'Freihêt iver d'Welt gefét
 A bluddég rôth Schnékläckelcher dé hun
 De Freihétslenz fir d'Menschhêt a' gelaut.

Dát gëht veriver. . . an — éch wësz net, wë. . .

Méng Hoffnonk iverfigelt Johr em Joher,
 An éch gesi' méng Hémécht, wë am Drâm:
 Dé Freihétssonn, dé iver d'Länner schéngt
 Gesin éch nirgends blénken esö hell
 An esö wärm, wë iver Letzeburg,
 An éch gesin eis Bërger an eis Dälten
 Erem erlést vun allem frëmen Zwank
 A letzeburger Lider héren éch
 Vu Bërg an Dall dé Léwt verkennégen,
 Dé eis Kanskanner an den Hérzer dro'en
 Fir 't Héméchtland, fir dát mir musste bludden.

. O Gott am Himmel! Hál déng Hand deriwer,
 Dass d'Freihétssonn, dé eiser Hémécht blénkt,
 Ké bluddégt Schlüchtfeld mé brauch ze beschéngen.

Ma wann der Dág sollt komme, wë ert Land
 Er Arme breicht, an net eléng er Lider,
 Da gef éch eiser Herrgott, dass der all
 Ass wë mir ármen, észelécker Jongen,
 De Mut behált, fir d'letzeburger Hémécht
 Net blösz ze sängen, over och ze stérwen!